n°5/ 2026








# Gemengeninfo

Rapport du conseil communal
du 1.6.2026

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# Composition du conseil communal



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Loullingen,
conseillère LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: R. Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°5/2026 - Parution: août 2026 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# Sommaire


Rapport sommaire en français **4**

**1. Correspondance** **5**

**2. Enseignement fondamental**
Approbation de l’organisation scolaire provisoire 2026/2027 de l'enseignement fondamental **5**

# Rapport sommaire

**Présents** : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries et Monsieur René Manderscheid, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp, Martine Loullingen ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma, conseillers. Messieurs Patrick Bausch, secrétaire communal ; Yves Goergen, secrétaire communal adjoint.
**Absents** : Madame Claudia Dall'Agnol, échevine et Monsieur Walter Berettini, conseiller communal, excusés.
**Délégations** : Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte, pour l'ensemble des points à l'ordre du jour, à Monsieur René Manderscheid, échevin. Monsieur Walter Berettini, conseiller communal, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte, pour l'ensemble des points à l'ordre du jour, à Madame Martine Loullingen, conseillère communale.

**1 – Correspondance**

Le bourgmestre informe les membres du conseil communal de la visite officielle exceptionnelle de Son Excellence le Président de la République portugaise, Monsieur António José Suguro, à Dudelange en date du 6 juin 2026 à l'occasion de la présentation officielle de l'ouvrage « 60 Anos Portugueses nu Luxemburgo – 30 Histórias », réalisé par le Centre de Documentation sur les Migrations Humaines (CDMH) de Dudelange.

**2 – Organisation scolaire provisoire 2026/2027 de l'enseignement fondamental**

Le conseil communal approuve, avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation scolaire provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2026/2027.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives à la réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental sur la première liste sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos. •

# Gemengerotssëtzung vum 1. Juni 2026

## 1. Korrespondenz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech begréissen Iech ganz häerzlech an ech begréissen och d'Vertrieder vun der Press an och vun eise Gemengeservicer. Haut um Ordre du jour vun eisem Gemengerot geet et virun allem ëm d'Approbatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun vum Joer 2026-2027. Ech wollt awer, wat d'Formalien ugeet, och nach hei preziséieren, dass mer zwou Procuratioune virleien hunn. Engersäits d'Délégation des droits de vote vun der Madamm Dall'Agnol, déi geet un den Här Manderscheid an déi vum Här Berettini geet un d'Madamm Loullingen, soudass mer dann hei an der Kompositioun komplett sinn.

Ech wéilt awer hei nach, éier mer op déi provisoresch Schoulorganisatioun iwwerginn, hei dem Gemengerot eng ganz wichteg Informatioun matzedeelen. An zwar wäert et esou sinn, dass e Samschden am Nomëtte géint 16.00 Auer den neie President vun der Portugisescher Republik hei op Diddeleng wäert kommen. Den Antonio José Seguro ass dëse Weekend op Staatsvisitt hei zu Lëtzebuerg an e wäert dann am Samschden Nomëtten op Diddeleng kommen. Dat aus enger ganz Rei Grënn, engersäits well d'Presentatioun vun engem Buch ass iwwert 60 Joer Immigratioun vun der portugisescher Communautéit hei zu Lëtzebuerg, mat enger ganzer Rei Temoignagë vu portugisesche Matbiergerinnen a Matbierger. Dat ass e Buch, dat a ganz enker Zesummenaarbecht mam Centre de documentation sur les migrations humaines gemaach gouf.

E kënnt awer och op Diddeleng, zweetens, well jo och e gréissert Fest, wéi all Joer ass, vun der portugisescher Communautéit ass dee Weekend hei zu Diddeleng ronderëm d'Fest vum Saint-Antoine, wou si effektiv dann och feieren a wou ëmmer ganz vill Leit op Diddeleng kommen. An drëttens, well mer och eng Delegatioun, an do hat de Gemengerot jo eng Invitatioun kritt, eng Delegatioun vun eiser Jumelagestad Arganil hei zu Diddeleng hunn an Arganil och, ënner anerem, eng vun den éischte Gemenge war an och bekannt ass duerch leider déi Bëschbränn, déi do an der Regioun stattfonnt hunn. An dat war och ee vu sengen éischten Deplacementer a senger Qualitéit als President vun der Portugisescher Republik.

Sou dass mer am Fong dann och eng grouss Staatsvisitt de Samschden de Mëtten hei zu Diddeleng hunn an do wäert natierlech och de Gemengerot nach invitéiert ginn. Mir sinn natierlech do an enker Ofstëmmung mat der portugisescher Ambassad hei zu Lëtzebuerg. A wann d'Detailer da méi bekannt sinn, da kritt Dir natierlech och eng Invitatioun geschéckt fir Iech dann och unzemellen. Mee, voilà, Dir kënnt awer schonn emol an Ärem Calepin dat notéieren. Ech mengen, dat war dat awer keng onwichteg Informatioun, well et ass awer jo net alldeeglech, dass een eng Staatsvisitt an där Form hei zu Diddeleng huet.











## 2. Enseignement fondamental

**Approbatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun 2026/2027 vum Enseignement fondamental**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Ech begréissen awer och nach den Här Michaux, deen de Mëtten hei bei eis ass. Ech géif dann iwwergoen op déi provisoresch Schoulorganisatioun. Dir hutt, wéi gewinnt, am Virfeld jo all d'Dokumenter kritt, déi hutt Dir virleien, sief dat d'Circulaire, iwwert d'Rapporten iwwert de Contingent aus deene verschiddene Schoulen. Wéi gesot, mir haten och den 18. Mäerz schonn an der Schoulkommissioun alles duerchgeholl. Ech muss awer soen, e grousse Merci virun allem awer scho mol direkt un d'Presidenten an och un d'Kommiteeën, well mir hunn de Contingent relativ spéit krut a si hu wierklech an enger ganz schneller Zäitspann dee Contingent dann och verdeelt.

D'Ressortsännerungen, déi hu mer jo schonn am Ufank vum Joer duerchgeholl. Dat hate mer jo direkt am Gemengerot scho festgehalen. Dat ass jo ëmmer wichteg och fir d'Verdeelung vum Contingent vun deene verschiddene Schoulen. An dann zum Contingent 2026-2027, dee mer kruten, dat si fir dëst Schouljoer, also fir d'Rentrée, 3 753 Leçonen an déi setzen sech zesummen aus dem Encadrement de base, dat ass jo 1,75, soudatt mer do bei 3 269 Leçone leien an da kréie mer jo nach 0,2511, dat ass den Indice social, dee mer ëmmer kréien, dat sinn dann nach eng Kéier 470 Leçonen. An de PDS, dat si 14 Stonnen, dat si fir all Schoul 2 Stonnen. Et sinn natierlech manner Stonne wéi d'lescht Joer, oder Leçonen, déi mer kruten, wéi d'lescht Joer. Dat kënnt awer och doduerch, datt mer eigentlech manner Schüler hunn ewéi d'lescht Joer zu deem Zäitpunkt.

Wat mer awer nach derbäi kruten, elo am Mee, déi sinn do nokomm, dat sinn d'Cours d'accueilen, dat sinn eng Kéier 126 Leçonen. Dat sinn der och manner, mee mir hunn och manner Kanner am Cours d'accueil. Da krute mer nach eng Kéier 171 Leçone bäi fir den I-EBS. Dat wëll ech soen, dat sinn der 23 méi. Dat ass ganz vill. Dat ass eng Persoun, déi bäikënnt. Och dat ass eppes, wat onbedéngt noutwenneg ass. An dann hu mer nach 23 Stonnen no kritt fir d'Wildnispedagogik, fir de Projet. An och hei direkt Merci un d'Schoulen, datt se eis awer och nach déi 7 Stonne ginn hunn. Dat ass net esou einfach gewiescht dëst Joer, well ech muss ganz éierlech soen, mir hu ganz vill Stonne verluer beim Appui. Duerfir ëmsou méi ass dat schonn en Invest, wann si eis déi Stonnen nach ginn.

Dann awer, wat een net aus den Zuelen erausgesäit, a wat een och net esou um Pabeier do stoen huet, dat ass, dass mer och elo den A-EBS, dat ass den Assistant pour enfants à besoins spécifiques, do hu mer elo de Moment schonn an all Schoul een, dat ass eng grouss Hëllef, dat ass eng grouss Ënnerstëtzung och am Alldag, och wann dat net an den Zuele sech erëmspilgelt, mee dat ass awer eppes, wat wichteg ass hei ze soen. Jo, ech hunn et gesot, den Appui, mir verléieren am C-1 39 Stonnen, am C-2 bis 4 sinn et souguer 77 Stonnen. Ech mengen dat ass eng ganz Partie, dat ass eng wichteg Ënnerstëtzung, déi mer eigentlech haten, mee, wéi gesot, et gëtt awer doduerjer kompenséiert, datt mer méi Personal dann och kréien. Ech wëll awer och derbäifügen, an dat ass vläicht och wichteg ze soen, den C-1, do leie mer bei enger Moyenne vu 14 Kanner pro Klass, a beim C-2 bis 4 leie mer bei 14 ,6 Kanner pro Klass. Dat si jo niddereg Effektiver, soudatt et am Alldag och nach awer gutt ass fir an der Klass fir och nach d'Schoul ze halen.

Dann awer e bëssen zu deenen eenzelne Gebaier. Ech ginn do fir d'éischt op Butschebuerg, fänke mer domadder un. Dir wësst, datt mer zu Butschebuerg e Precoce bäikréien. Mir hate jo déi lescht Jore kee Precoce méi zu Butschebuerg, dee kënnt elo erëm bäi. Firwat kënnt dee bäi? Majo, mir hunn op ee Coup 17 Kanner do bäi kritt. Een Deel war jo ëmmer schonn am Ribeschpont, mee elo sinn et der awer 17 zu Butschebuerg, soudatt mer och erëm eng Kéier kënnen zu Butschebuerg e Precoce maachen. An dann, si hunn och am 4.1, do kréie si en Team Teacher bäi. Do ass et esou, datt se eng Klass hu mat 20 Kanner, wat awer e bësse vill ass. An duerfir hu si d'Optioun geholl, fir do en Team Teacher dropzesetzen.

Am Brill, och hei kënnt eng Klass bäi am C-1, soss wären och do d'Effektiver relativ héich. Do ass et awer esou, datt déi Klass vum C-1, dat gëtt eng Cohabitatioun an der Maison Relais, dat heescht, an de Containeren ënnen, do gëtt e Sall elo vun der Maison Relais esou ëmgebaut, fir datt si och do kënne Schoul dran halen. Wat net gemaach ginn ass, dat ass am 4.1, do bleiwen 3 Klassen, do waren der 4 virgesinn, mee si bleiwe bei deenen 3, do sinn natierlech dann awer ganz héich Effektiver , si hunn awer dofir méi Appui.

Den Deich, do kommen am Ganzen zwou Klasse bäi, wat an deem Gebai, muss ech soen, eng Erausfuerderung ass. Mir ware virun enger Stonn nach um Deich, fir ze kucken, datt mer dat esou gutt wéi méiglech hikréien, do kënne mer och net, wéi an anere Gebaier, soen, mir wäichen an d'Maison Relais aus, well d'Maison Relais ass net esou grouss, dat geet just duer fir eis, et ass ee Sall, do kënne mer do och net auswäichen. Bon, wat nach um Deich awer opfält, d'Allongementer, déi gi relativ vill zréck um Deich. Do gi mer vun 25 Allongementer, déi d'lescht Joer waren, elo op 13 zréck dëst Joer. Also, wéi gesot, och dat ass eng Verbesserung, eng absolutt Verbesserung, déi och där Schoul zegutt kënnt. Bon, d'Gaffelt, do bleiwe mer d'selwecht, déi huet eng Klass manner. Lenkeschléi, Ribeschpont ass onverännert an de Klassen, ech wäert och do elo net méi am Detail drop agoen.

Zum Strutzbierg, do kënnt eng Klass bäi am Cycle 1. Och si

wäerten da mat zwou Klassen zesummen an eng Cohabitatioun an d'Maison Relais goen. Dat ass och ganz wichteg. Si hunn eng aner Klass am Cycle 2, do hu se zwielef Allongementer. Wéi gesot, do kënnt een derbäi, well dat einfach ze vill Allongementer sinn.

Dann e puer Wuert zum Precoce. Mir gi vun aacht op néng Klassen erop, ech hunn et scho gesot. Mir hunn zwielef Aschreiwunge méi, dat heescht, mir leien elo bei 157 Kanner, déi am Precoce ageschriwwe ginn. An ech hat och gesot, zu Butschebuerg si 14 Kanner am E-Group ageschriwwen. Dat bedeit, datt se eng Ganzdaagsbetreiung hunn. Dat heescht, datt se och an d'Maison Relais ginn. A mir hunn der dräi, déi sinn am A-Grupp ageschriwwen. Wann ech soen, hei komme 14 Kanner bäi an enger Maison Relais, wou mer keng Plaze méi hunn, musse mer natierlech da weider Transporter maachen. Mir wäerten net déi Kleng hin an hier transportéieren. Dat ass eis ëmmer wichteg. Mee ech fäerten awer, datt mer net derlaanscht kommen, fir awer erëm Grousser an de Ribeschpont eriwwer ze féieren oder op soss eng Plaz. Vläicht kann den Här Hoffmann herno dozou eppes soen.

Am Ribeschpont, do bleiwen awer déi zwou Klasse vum Precoce, dat ass elo net esou, datt mer do keng Kanner méi hätten, well elo eng zu Butschebuerg opgeet. Also, wéi gesot, och do bleiwen déi zwou Klassen. Insgesamt hu mer hei zu Diddeleng, an dat kann een awer elo mol kucken, hu mer 223 Kanner, déi am Alter si fir an de Precoce ze goen, an dovunner sinn der elo 157 bei eis am Precoce ageschriwwen, dat si ronn 70 %. Dat ass eng Zuel, déi awer elo all Joer ëmmer eropgeet. Dat mierkt ee ganz gutt. Duerfir, a mir sinn ëmmer ganz frou, wa mer Kanner bei eis am Precoce schonn hunn, da gesi mer se schonn ier se an d'Spillschoul kommen, well oft, wa se réischt an der Spillschoul ukommen, da si Saachen, déi kréie mer schonn net méi sou gutt verbessert.

Dann eng lescht Informatioun zum Precoce. Ech mengen, dat hu mer och diskutéiert an der Schoulkommissioun. Mir haten an der Lescht mam Precoce Brill-Lenkeschléi - mir hunn dee jo esou genannt, wéi mer d'Lenkeschléi opgemaach hunn - relativ vill Problemer. Dat heescht, wa mer e Bus bestallt hunn, ass deen an d'Lenkeschléi gefuer, mee net bei de Precoce. Dat selwecht war och fir d'Fournisseuren oder Liwweranten, déi dohinner komm sinn. Déi sinn dann dës Ëfteren uewen an der Schoul gelant an net am Precoce. Bon, mir haten dunn an enger Schoulkommissioun, ech hunn et gesot, diskutéiert, mir géifen da proposéieren de Precoce net méi Brill-Lenkeschléi ze nennen, mee Precoce Foxenhiel, well en einfach do läit an dann och d'Leit wësse wouhinner, och fir d'Elteren ass et méi einfach. Well ganz oft, wann de Bréif kënnt, Brill-Lenkeschléi, dann denkt scho jiddwereen, ah du kënns an d'Lenkeschléi an d'Schoul. Also duerfir wollte mer dat proposéieren.

Da ginn ech eriwwer op d'Cohabitatiounen. Ech mengen, och dat ass ëmmer erëm en Theema. Dat war och en Theema an der Schoulkommissioun. Ech wëll awer fir d'éischt emol eng Kéier drop agoen, wéi vill där Cohabitatiounen hu mer scho? Well heiansdo mengt een, et wäre just een oder zwee Sitten, wou dat wär. Mee mir hunn de Ribeschpont, do leeft dat schonn zënter d'lescht Joer. Mir hunn och do e Bilan gemaach. Do hu mer eng Klass, déi ass uewen an der Maison Relais. Dat ass e ganz positive Bilan, deen ass wierklech gutt gaangen. Dann Italien, och do ass d'Maison Relais, awer do ass en ëmgedréint, do ass déi am Sall vum Precoce. Mir hunn de Strutzbierg, do kommen elo zwou Klassen an d'Maison Relais. Do ass en Aarbechtsgrupp amgaangen dat ze amenagéieren. Dat muss jo extra amenagéiert ginn.

De Brill, och do kënnt elo eng Klass an d'Maison Relais. An do hu mer jo am Fong schonn am Container uewe véier Klasse vu Baltzeng an ënnen d'Maison Relais. Dat heescht, och déi sinn am Alldag schonn zesummen. Lenkeschléi brauch ech net ze ernimmen, dat steet am Konzept, dat ass ganz kloer bei hinnen. Dann den Deich, och do geet d'Maison Relais an de Klassesall. Precoce Foxenhiel dann, sou wëll ech et eng Kéier nennen. Ech mengen och do, déi schaffe gutt zesummen. Gaffelt, do ass et éischter esou, datt d'Schoul an d'Säll vun der Maison Relais geet, an de Molsall, déi mer uewen amenagéiert hunn. An da Butschebuerg, bon, si hunn zesummen e gemeinsame Büro, wat absolutt vu Virdeel ass, wann d'Echangen esou am Alldag sinn. De Wolkeschdahl, hei ass och d'Maison Relais an engem Klassesall vum Gebai. Et existéiere scho vill där Cohabitatiounen. Et ass net esou, wéi wann dat elo réischt ugefaangen huet. Mee ech wëll awer och soen, an der Circulaire, wann Dir d'Circulaire eng Kéier duerchgelies hutt, ass dat awer e Wonsch, fir dat iwwerall am Land e bësse méi auszebauen. Ech mengen, et steet ganz kloer an der Circulaire dran, dass d'Concertatiounen tëschent Fondamental an non-formaler Bildung mëttlerweilen indispensabel sinn, an och d'Utilisatioun vu gemeinsamen Espacen ass immens wichteg.

Voilà, da wär ech eigentlech scho beim PEP, dee krute mer och vum Här Hoffmann virgestallt an der Schoulkommissioun. An och do, wann een dat Dokument ganz duerchkuckt, dat ass e ganz déckt Dokument, do ass et esou, datt ee gesäit wéi no d'Rapprochement kënnt vu Schoul a SEA, wéi vill do gemeinsam awer gemaach gëtt, wat do geschitt. An am Fong ass hei am PEP, dat ass ganz flott, do gesitt Der eng Kéier den Alldag vum Kand vu moies hallwer siwe bis owes siwen, wat geschitt do am Dag vun engem Kand. Ech wëll awer e puer Saachen ervirhiewen, déi an eise Maison-Relaisen a Schoule stattfannen a wéi vill Aarbecht eigentlech do geleescht gëtt. Do gëtt ganz, ganz vill Aarbecht am Alldag geleescht. Dat sinn natierlech d'Echangen zwëschent dem Personal am Alldag. Awer och Transitioune gi gemaach, dat ass ganz wichteg. Den Educateur geet dann d'Kanner an d'Schoulklass sichen. Mir hu ganz vill Aarbechtsgruppe fir gemeinsam Projeten auszeschaffen. Mir hu Référent-de-classë vum SEA, déi an de Klasseninterview, also déi och an de Klasse mat derbäi sinn, d'Bedeelegung vum Personal vum SEA och bei Aktivitéiten, déi dobausse lafen.

Och hu mer Educateuren, déi eng Formatioun vum Air tramp hunn an déi dann d'Personal begleede vun der Schoul ganz oft, dat hu mer och. Concertatiounen an de Cyclen, Plenièren, Bilansgespréicher mat Elteren, gemeinsam Kachaktivitéiten, Schoulgäert, Schoulfester an och

Notzung souguer vu gemeinsamem Material. Ech mengen, alles dat fënnt een an deem 70-Säiten décken Dokument rëm. Ech hoffen Dir hutt et duerchgelies an Dir wësst elo alles, wat um Terrain geschitt. Ech muss awer do e grousse Merci soen, well ech mengen, dat ass souwuel d'Léierpersonal wéi awer och d'SEA-Personal, wat dat assuméiert, dat ass ganz vill Aarbecht.

Dann e puer Wuert nach zur Médecine scolaire. An Dir wësst, och si waren d'Mataarbechter bei eis an der Schoulkommissioun. Si hunn eis hir Aarbecht am Detail presentéiert an ech mengen, och do huet ee gesi wéi vill Aarbecht si all Joer leeschten, sief et den Examen médical, wou bei iwwer 1 000 Kanner gemaach gëtt, sief et den Examen dentaire, dee gemaach gëtt, dat sinn och eng 440 Kanner. Si hunn 69 PAIen ausgeschafft. Do wëll ech och soen, och déi PAIen, do kucke mer och zesumme mat der Restauratioun, well och ganz oft Allergien dra si vu Kanner, wat d'Iessen ubelaangt. Si bidden awer och Atelieren un, wéi gesond Ernärung maachen, e flotten Atelier iwwer Beweegung an e ganz flotte Projet, deen se eis och presentéiert hunn. Et geet elo net nëmmen ëm d'Schwamme méi, mee et geet och drëm, datt all Kand soll Vëlo fueren. Och dat ass e ganz flotte Projet, dee si maachen. Si këmmeren sech och ëm d'Éischt-Hëllefskëschten. An, wéi gesot, virun allem muss ech soen, déi Leit, déi do schaffe, si ganz engagéiert. An duerfir, ech mengen och e grousse Merci vun eis alleguerten.

Dann den OSD, dat ass jo den ONE Schouldéngscht, dee krute mer och an der Schoulkommissioun presentéiert, dee Service ass virgestallt ginn, virun allem ass dat eng Ënnerstëtzung fir d'Enseignanten. Wichteg ass, datt mir och elo esou ee Service hei zu Diddeleng hunn. Dat heescht, si sinn am Fong direkt op der Plaz, si sinn ëmmer do wann Hëllef gebraucht gëtt, sief dat fir Kanner, Elteren awer och Enseignanten, si stinn deenen zur Verfügung a schwierege Situatiounen. Si schaffen och zesumme mat eiser Médecine scolaire. Do sinn och schonn eenzel Echangen elo gewiescht. Dat fänkt jo elo alles eréischt un. Wéi gesot, do kann den Här Michaux vläicht herno nach eng Kéier kuerz drop agoen.

An da wëll ech, ier ech ofschléissen, e lescht Wuert einfach soen, well et mer ganz wichteg ass, ech war och elo grad erëm um Deich, do gesäit een dat ëmmer erëm. Allgemeng, wa mer Diddeleng kucken, wiisst d'Schülerzuel net esou wéi d'Awunnerzuel. Ech mengen, dat hutt Dir all am Rapport vum LISER konnten erausliesen, datt eigentlech manner Wuesstem ass bei de Schüler wéi insgesamt bei den Awunner. Bon, mir hunn eigentlech vun 2014 un nëmmen 130 Kanner méi elo bei eis an de Schoulen. Bon, do mengt ee jo dann, oh, elo hu mer eng Schoul gebaut, mir hunn d'Lenkeschléi gebaut mat 240 Kanner, dat geet largement duer. Da komme mer elo déi nächst Joren iwwert d'Ronnen. Ech wollt awer soen, datt dat net esou ass.

Dat heescht, déi Kanner komme jo net nëmmen an engem Quartier, déi Kanner kommen insgesamt an all Quartier. An dat ass dann e bëssen awer en Challenge. Ech hunn elo gesinn, mir hate jo d'Aweiung vum Brill, mir hunn do eng Mise en conformité gemaach. Mir bauen nach eng Bibliothéik, mir bauen Appuissäll an awer komme mer un d'Limitten. Ech war virdrun um Deich, och mat der Direktioun, och do si mer un der Limitt vun de Säll, déi zur Verfügung stinn. Ech erklären dat awer. Mir kréie vum MENJE flott Projeten, ech mengen, och wichteg Projeten, dat ass de Projet Alpha, dee kënnt bäi. Da kréie mer och Leit bäi. Mir kréien en IEBS bäi. Mir kréien en AEBS bäi. Mir kréien en ESEB bäi. All déi Leit, an dat wëll ech eng Kéier hei soen, déi brauche Säll. Déi musse Säll hunn, fir hir Aarbecht och adequat kënnen ze maachen. Dat ass ganz wichteg.

Bon, wéi gesot, ech wollt dat eng Kéier hei soen, de Projet Alpha nach eng Kéier virun allem, do wësse mer jo elo, dat éischt Joer, et seet jiddwereen, et ass alles an der Rei. Dat éischt Joer ass et awer esou, lo fänke mer mol un. An da kënnt d'Orientéierung. A wann d'Orientéierung bis kënnt, an et huet een nëmmen zwee Kanner, déi op däitsch oder op franséisch alphabetiséiert ginn, brauch een e Sall. Et muss ee kucken, wéi mer eis do eens ginn. An dat si Sall, déi eis an de besteeënde Gebaier feelen. Mir kënnen déi jo elo net méi virgesinn. Bon, ech schwätzen hei vu Brill, Deich a Strutzbierg. Do si mer wierklech um Punkt ukomm, wou mer och mussen auswäichen. Dat wollt ech soen. Dann ass et awer esou, an dat, mengen ech, ass d'Erausfuerderung och fir eis, fir allgemeng hei am Land, dat ass e bëssen déi finanziell Ënnerstëtzung. An der Circulaire vum Interieur, déi komm ass, ass et esou, dass mer zwar méi kréien, ech wëll dat awer betounen, mir kréie vill méi pro Meterkaree, wéi mer bis elo kruten, dat hunn se gehéicht, mee mir kréien nëmmen nach ee Projet pro Legislaturperiod finanzéiert.

Dat bedeit, datt Baltzeng am Fong, si mer amgaang ze bauen, an déi nächst, déi mer amgaange sinn ze plangen, Neischmelz, déi kréie mer nach finanzéiert. Dat ass och net de Problem. Mee de Problem sinn déi bestoend Gebaier. Mir musse Mise-en-conformitée maachen. Déi musse mer dann an Zukunft selwer droen. Bon, à discuter. Wéi gesot, ech hunn dat elo gelies an där Circulaire. Ech fannen awer, datt dat insgesamt e Message ass, mir brauchen Ënnerstëtzung als Gemengen. Mir probéiere jo, all Projeten nozekommen. Mir brauchen awer do ganz vill Ënnerstëtzung. Duerfir hoffen ech, datt do nach gutt Diskussiounen awer kommen, fir datt mer weider awer och nach bestoend Gebaier ënnerhale kënnen. Sou, dat war am Fong dat, wat ech wollt soen. Ech wëll ech awer och ganz ville Leit Merci soen, virun allem all deene Leit, mat deenen ech geschafft hunn, och elo déi lescht Méint erëm eng Kéier, awer och de Presidenten, de Kommiteeën an och dem Personal vum SEA, Dem Tom, dem Här Hoffmann an dem Här Michaux, Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Voilà, dat wär et gewiescht vu mir. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Presentatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun. Voilà, elo kënne wéi gewinnt natierlech och déi eenzel Fraktiounen dozou Stellung huelen.
MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci, Josiane, fir déi ausféierlech Explikatiounen am Schnelldurchgang, mee et ass, wéi s de sees, mir hu jo all d'Dokumenter kritt a mir haten och an der Schoulkommissioun, oder an de Schoulkommissi-

ounen, e ganz flotten Austausch. Mir begréissen och do ëmmer déi Ouverture, et kann een all Froe stellen, kritt een och ëmmer eng adequat Äntwert. An och do eng Kéier Merci och dem Tom Michel, deen dat och elo scho ganz souverän mécht, deen elo richteg an der Matière dran ass, mengen ech, no engem Joer. Ass  et ee Joer, et ass dat éischt Joer elo fäerdeg, oder? Dat zweet Joer. Voilà, tipptopp, villmools Merci och Dir an Denger ganzer Mannschaft, natierlech och dem Joël Michaux, Merci der Direktioun a senge Leit an och, wéi d'Josiane gesot huet, all de Schoulpresidenten, de Comitéen, den Enseignanten, den Intervenanten an all de Schoulen.

An, souwäit ech matkritt hunn, ass dat hei eisem Erni Hoffmann seng leschte Sitzung hei zu Diddeleng. An do wollt ech awer och do e spezielle Merci och soe fir Däin Asaz all déi Joren, well Du hues et fäerdeg bruecht, dass aus eiser Maison Relais, dem SEA dat ze maachen, wat et ass. An dat ass e SEA mat enger eegener Nues, eng Diddelenger Nues. A mir hei zu Diddeleng, mir si jo net, wéi aner Gemengen, op de Wee gaang, dass de SEA outgesourcet ginn ass, et ass net Arcus oder Caritas oder een iwwerhëlt dat, mee mir behalen dat hei an eisen Hänn. A mir wëllen och als Gemeng de Lead hunn an ech mengen, dat ass och heibannen de Wonsch vu jiddwerengem an dat ass och gutt esou an dat ass och wichteg. Och wann de Personalschlëssel en enormen Impakt op eise Budget huet, sti mir als CSV natierlech voll hannert dëser Approche. Mir soen ëmmer, all Invest an eis Kanner ass e gudden Invest. A mir als Gemeng hunn och de Lead, mir engagéieren d'Personal, mir approuvéieren de Planning.

An Erni, du hues an de leschte Joren, wou eis Maison Relais ëmmer méi Succès bei de Kanner a bei den Eltere kritt huet, et fäerdegbruecht, gewësse Guidelines fir d'Maison Relaisen auszeschaffen, d'Personal beschtméiglech ze forméieren, ze encadréieren an och fir si do ze sinn. Dir läit, wéi eis och alleguerten, d'Zesummenaarbecht, d'Cohabitatioun, wéi mer virdru gesot hunn, tëscht der Schoul an der Maison Relais um Häerz. Du hues och do ëmmer gepusht, dass ee ka méi enk zesummeschaffen, wat net einfach ass, wat e permanenten Invest un Zäit a Personal a Gedold bedeit a wat eis awer iwwer all déi Joren ëmmer besser gelongen ass. Mee et huet och all Maison Relais erlaabt, dat ass och net evident, seng eege Projeten ze entwéckelen. All Quartiers-Maison Relais huet och däerfen, genau wéi d'Quartiersschoulen, seng eegen Nues behalen a setzt seng eege Prioritéite fir e flott Zesummeliewen tëscht Kanner, Educateuren an Elteren an natierlech och de Schoulen. An och Merci, dass Du ëmmer bei all Schoulkommissiounssëtzung derbäi waars. Och wann de SEA net explizitt um Ordre du jour stoung. Merci och dofir, dass Du ëmmer déi richteg Äntwerten an Informatiounen op eis Froen has. A mir wënschen Dir vill Satisfaktioun a Freed an Dengem neien Job a behalen dech a wierklech exzellenter Erënnerung. Voilà, dat huet elo mol musse gesot ginn.

Elo komme mer zréck op d'Schoulorganisatioun 2026-2027. An ech soen et all Joer, de 15. September geet et lass, do hëlt all Intervenant all Kand do ewech, wou et mat senge kognitiven, sozialen an och emotionale Kompetenze steet. An Dir, léift Léierpersonal, Intervenanten, Dir probéiert all Dag all eenzelne Schüler ze motivéieren, ze fërderen an ze fuerderen, awer och ze tréischten, seng Frustratiounen a seng Ängschten opzefänken. D'Talenter vun de Kanner mussen erkannt an erausgekëddelt ginn, Schwächte mussen opgefaange ginn, Ressourcë musse gestäerkt ginn. Den Austausch mat den Elteren, mat de Betreier vun de Kanner an der Maison Relais awer oder och an de Foyere muss gefleegt ginn, dat gëtt och net ëmmer méi einfach. Dat ass méi wéi nëmme rechnen, liesen a schreiwe léieren. Dat ass eppes, wat vill Kraaft kascht an et bréngt och Satisfaktioun, mee leider och oft Ierger a Frust. Mee wat an de Schoulkommissiounssëtzungen ëmmer erëm duerch blëtzt, dat ass, dass Dir ënnereneen an Ärer Schoul, awer och tëscht de Schoulen, Iech austauscht, ënnerstëtzt an zesumme kuckt, wéi mer all eise Schoulkanner de Schoulalldag beschtméiglech organiséiert kréien. E grousse Merci dofir. An eise Respekt gëllt Iech, déi Dir Dag fir Dag um Terrain sidd an Ären Job wierklech gutt maacht. Mir, de Gemengerot, mir ënnerstëtzen Iech, sou gutt wéi mer eebe kënnen. Mir lauschteren Iech no, probéieren och op Är Besoinen ze reagéieren, de Kader ze schafen, deen Dir braucht, fir gutt Schoul ze halen. An d'CSV seet ëmmer all Invest an e Kand ass e gudden Invest.

Mir hunn och gesinn elo viru Kuerzem, wéi mer déi renovéiert Briller Schoul gesinn hunn, wéi mat Häerzblutt dee Projet duerchgezu gouf duerch kompetent Corps-de-metieren, awer och duerch gutt Planung an och gutt Zesummenaarbecht mam Personal. An deen enorme Subsid vum Inneministère bei der Renovatioun vun der Briller Schoul weist och, dass bei dëser Regierung de Saz „All Invest an eis Kanner ass e gudden Invest", dass deen ukomm ass. Ech hunn elo awer mat Schrecken awer elo de Message héiere vum Josiane, dass mer praktesch mat enger Schoul pro Legislatur blockéiert sinn. Bon, elo muss ee kucken ob mer bei deene Schoulen, déi musse renovéiert ginn, wou Mise-en-conformitéen ausstinn, ob mer do dann awer op den Inneministère kënnen zréckgräifen, fir dass mer dorëm esou e grousszügege Subsid kréien, wéi am Brill, affaire à voir, mee et ass och eng affaire à suivre. Voilà. Mir waarden awer nach ëmmer och op d'Presentatioun, a wéi eng Richtung an a wéi engem Phasage déi nächst baulech Invester an eis Schoulen, eise Schäfferot geplangt huet.

Mir haten dat scho e puermol gefrot. Ech mengen, et ass elo virdrun ugeklongen, dass et enk gëtt am Brill, um Deich, Butschebuerg, dat sinn elo déi, wou mer elo gesinn, dass et enk gëtt, well eeben de Projet Alpha kënnt. Dann ass och vläicht d'Fro, wéi ass et mam Timing mat Baltzeng? Leie mer du gutt am Timing? Dat ass vläicht eng Fro, déi een och haut schonn eng Kéier ka kuerz ukléngе loossen. Dann natierlech musse mer och kucken, Neischmelz, 2028 sollen d'Leit kommen. Da brauche mer och eng Schoul. Wa mer awer keng Schoul finanzéiert kréien, ma wat maache mer da mat deem Quartier? Setze mer d'Zelter dohinner oder wéi? Ass jo och alt net grad vu vir bis hannen alles ëmmer esou duerchduecht. Bon, vläicht ass de Fonds du Logement eis do eng Hëllef, dass deen eis ka vläicht och ënnerstëtze bei eiser Revendicatioun, fir awer och do eng Schoul iergendwéi dohinner ze stellen, wann d'Leit komme mat hire Kanner. Voilà. Ebe wéi gesot, de Phasage. A wéi geet et weider? Ech froen dat ëmmer bei de Budgetsdis-

kussiounen an och bei der Schoulkommissioun. A wéi gesot, dee Projet sollte mer jo och virgestallt kréien. Vläicht kann do d'Josiane Di Bartolomeo-Ries nach eng Kéier kuerz drop äntwerten.

De Precoce, 157 Aschreiwungen. Och wann allgemeng eis Schoulkanner net un Zuele wuessen, stelle mir mat ganz grousser Freed fest, dass mer awer en immense Succès hu bei eisem Precoce. Dat ass natierlech gutt. An et geet och nëmmen, well mer hinnen och e Mëttesdësch, respektiv eng Betreiung an der Maison Relais ubidden. An och do hu mer säit 2006, dat eenzegt Joer, wou d'CSV d'Schoulorganisatioun net matgestëmmt huet, well eebe keng uerdentlech Offer do war fir d'Precoce-Kanner. Säit 2006 hu mer do kontinuéierlech gutt Efforte gemaach. An ech mengen, do kann Diddeleng effektiv och houfreg sinn. Ech mengen, mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen, wou praktesch all Kand kéint eng Plaz kréien an enger Kantin, eng Betreiung vu moies bis owes, wann et schonn am Precoce ass. An dat ass extreem wichteg. A firwat ass de Precoce esou wichteg? Net nëmmen déi sozial Kompetenze ginn ausgebaut. Dat ass déi eng Saach. Mee virun allem ass d'Férderung vun der sproochlecher Kompetenz extreem wichteg.

A grad wat Kanner méi kleng sinn, sinn, wat d'sproochlech Kompetenzerweiderung besser fonctionéiert. D'Lëtzebuergesch Sprooch ass a bleift d'Langue véhiculaire am Precoce. A wann d'Lëtzebuergeschkenntnisser gutt sëtzen, an am Precoce an an der Spillschoul gutt geférdert ginn, dann ass et och méi einfach am Projet Alpha, Lëtzebuergesch als Langue véhiculaire bäizebehalen. Dann ass et egal, ob d'Kanner op Franséisch oder op Däitsch alphabetiséiert ginn. Mee d'Langue véhiculaire ënnerenee bleift dann awer Lëtzebuergesch. An och genau sou wichteg ass et jo och, an de Maison Relaise gëtt och Lëtzebuergesch geschwat. Dofir, sou fréi wéi méiglech a Kontakt komme mat der Lëtzebuergescher Sprooch, ass fir eis virun allem multikulturell Gesellschaft hei zu Diddeleng extreem wichteg a begréissenswäert. D'Sproocheférderung ass natierlech och scho virum Precoce wichteg. Leider ass et awer esou, dass vill Elteren net méi vill mat hire Kanner schwätzen. Vu Bicher kucken a virliese geet schonn oft guer keng rieds méi. Den Handy gëtt oft méi gelauschtert an no deem gëtt méi gekuckt wéi nom Puppelchen an der Poussette.

De Ministère de la Famille ass sech der Problematik och bewosst a wäert deemnächst e finanziellen Ureiz ginn, wann d'Elteren de Service audiophonologique an Usproch huelen, fir dee Bilan 30, deen se kënne gratis duerchféiere loossen, och an Usproch huelen. Am Bilan 30, do gëtt net nëmmen d'Auditioun gekuckt, mee och d'Sproochkompetenz vum klenge Kand vun zwee an en halleft Joer un. An den Eltere gëtt och eng Berodung ugebueden, wéi se hiert Kand méiglechst fréi méiglechst fit kënne maachen, fir ze schwätzen. Zwee an en halleft Joer, dat ass en halleft Joer éier se an de Precoce kënne goen. An och, ech weess, am Bilan 30 gëtt och ëmmer Reklamm gemaach, fir dass d'Leit hir Kanner an de Precoce schécken, well mer wëssen, an de private Crèchë gëtt haaptsächlech Franséisch geschwat, wann net souguer Multilinguismus, wat och net ëmmer einfach ass fir d'Kanner. A virun allem kréie se praktesch an de private Crèchen ni Lëtzebuergesch ze héieren, wat herno schued ass an e Mangel ass. Well e Kand, wat net schwätzt, ass traureg oder frustréiert, zitt sech zréck oder gëtt aggressiv. Also, Sproochkompetenze fërderen, dat ass kee Muttwëll. Dat ass eppes, wat wichteg ass. Dofir loosst eis weider Reklamm maache fir eise Precoce. An dëst Joer koum jo och eng Klass bäi, wat och ganz gutt ass. An ech wollt do nach eng Kéier nofroen, och beim Här Michaux. Et war ugeduecht, de Projet Precoce obligatoresch ze maachen. Et war mol eng Kéier rieds gaang an enger Diskussioun an der Regierung. Do wollt ech emol froen, a wéi eng Richtung mer do wëlle goen.

Flott fanne mer och, dass mer zesummen eis iwwerluecht hunn de Precoce Foxenhiel elo Precoce Foxenhiel ze nennen, wat effektiv vill duercherneen aus dem Wee geet. An ech denken dat ass och nëmme flott, well mer dann de Precoce och schonn a sengem Quartier incrustéiert hunn, schonn eleng och duerch säi Numm. Wat awer Suerge mécht, dat ass wat an eise Spillschoulen awer leider geschitt, wou eis d'Enseignante soen, dass gefillt ëmmer méi Kanner opfale mat Besoin-spécifiquen, wou dann och mussen Dossieren opgemaach ginn. En plus ass et e bësse bedauerlech, dass d'nächst Joer an de Spillschoulsklasse keen Appui ka gehal ginn. Och wann d'Klasseneffektiver relativ niddreg sinn, ass et awer och grad am éischten Trimester net ëmmer einfach, d'Besoine vun deenen zwielef, dräizéng, véierzéng klenge Butzen erauszefannen an dann och drop ze reagéieren.

Do war och ugeduecht vum Ministère, dass mer an all Spillschoul en Educateur bäigesat géife kréien. Och do meng Fro un den Här Michaux, wéi ass et mat deem Projet? Oder ass et esou, dass den AEBS, dee mer jo elo kréien an deen an all Schoul kënnt, dass dee surtout an der Spillschoul agesat gëtt am Fong esou wéi als Educateur, ass dat am Fong en Ersatz vun deem wat ugeduecht war? Apropos Dossier opmaachen, hei nach emol den Appell un d'Schoulpersonal, éier d'Eltere bei de Kannerdokter geschéckt ginn oder souguer bei de Pedopsychiater oder de Kannerneurolog wéinst enger Léierschwächt, als éischt dann emol de Schratt ze maachen, deen och am Gesetz virgesinn ass an duerch den ESEP, laut Gesetz, duerch eng Demande un d'Commission d'inclusion innerhalb vu véier Wochen, sollt do dann en Diagnostik erstallt ginn, an der Schoulzäit, an der Klass. Ech mengen, dat ass dee richtege Wee.

Esou kënnen och d'ESEP-Leit an d'IEB-Leit och selwer direkt an der Klass intervenéieren an och do en Appell un de Ministère de l'Éducation, genuch kompetent, gutt forméiert Personal als ESEP an IEBSen anzesetzen, dass d'Elteren net musse fir en Diagnostik vu Pontius bis Pilatus lafen, fir Hëllef ze kréien, mee fir d'Hëllef an der Klass, esou wéi et am Gesetz virgesinn ass, no véier Wochen ulafen ze loossen.
Dat ass och eng Demande vun de Pediater. Mir haten eng Formatioun an déi Richtung deslescht gehat. An dat ass eng Doleance, déi mir alleguerte vläicht och dem Ministère mat op de Wee ginn. Vläicht ass dat hei de kuerze Wee iwwert den Här Michaux. Voilà. Meng Fro ass souwisou, wéi vill Dossieren huet eis ESEP dëst Joer nei opgemaach? Respektiv hunn se, betreien se? Wéi vill Kanner ginn duerch den IEBS, den Instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins spécifiques, betreit?

Mir begréissen effektiv, dass all Schoul, ausser de Strutzbierg, dee kritt d'nächst Joer een, en IEBS bäikritt. An ech denken, dat ass absolutt kee Muttwëll, well, wéi gesot, et gëtt net méi einfach, Schoul ze halen. D'Prise en charge globale vun de Kanner gëtt ëmmer méi komplex. En alljärege Problem sinn d'Rallongementer. Och wa se a verschidde Schoulen e bëssen erofgaange sinn, gesäit een awer dach grouss Differenzen an de verschidde Schoulen. An do ass meng Fro, déi Pilotprojete lafe jo elo scho e puer Joer mat der Alphabétisation en français, mierkt een do en Trend, dass eng Besserung ass an deene Schoulen, wou d'Kanner op Franséisch alphabetiséiert ginn, ob do d'Rallongementer an der Suite erofginn? Oder ass et vläicht awer nach e bësse fréi, fir do scho Schlussfollgerungen ze zéien? Dat war jo och de Wonsch dervun, dass Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, herno och méi staark an der Schoul sinn an och manner Rallongementer vläicht kréien. Obwuel mer wëssen, dass de Rallongement net nëmmen e Problem vun der Sprooch ass. Jo, mir hunn och eng grouss Differenz an de Rallongementer an eise Quartieren. Mir haten dat schonn d'lescht Joer gesot gehat. A verschidde Schoulen ass et nëmmen ee bis zwee Prozent vun de Kanner, déi e Rallongement kréien. An anere Schoule komme mer op bal eelef Prozent.

Jo, mir hunn eng grouss Differenz vun der sozioekonomescher Zesummesetzung vun eise Quartieren. Dat huet jo och de LISER säin Observatoire social vun der Stad Diddeleng kloer erausgeschafft. An dësem Kontext formuléieren ech nach eemol der CSV hir Demande fir den Indice social fir all Quartiersschoul definéieren ze loossen, wat jo méiglech ass. Dat hätt dann eng direkt Konsequenz op de Contingent. Dat si jo déi Stonnen, déi Unzuel vum Léierpersonal, déi mer duerch den Indice social bäikréien. An dat hätt da vläicht och en Impakt op d'Unzuel vum Léierpersonal pro Quartier. Jo, bis elo sinn eis Schoulpresidenten ënnereneen ëmmer gutt eens ginn, fir d'Stonnen opzedeelen. Mee eng Evaluatioun schwaarz op wäiss géif der Demande vu verschidde Schoule vläicht awer nach méi Nodrock ginn. An och vläicht e puer méi Stonnen erabréngen. An den Här Michaux, hien ass eisen Direkter, hie war fréier Schoulmeeschter um Deich an hie kennt d'Situatioun zu Diddeleng. Mee wann hien emol eng Kéier net méi zoustänneg ass, wat maache mer dann? A wa mer dann awer eng quartiersrelevant Evaluatioun hu vum Indice social, ech mengen, dat géif eis awer eng gewësse Sécherheet bréngen.

Dann zu de Maison Relaisen. D'Dokument vum PEP ass standardiséiert ginn, och dat ënner dem Erni Hoffmann a senger Ekipp, wat och ganz flott ass fir eis, fir wa mer déi PEPe matenee vergläiche vun de verschidde Maison-Relaisen, dat ass ganz flott an dat mécht d'Analys och méi einfach. Wat eis opfält, ass awer, dass et zwar meeschtens besser leeft an och an der Cohabitatioun Schoul a Maison Relais ëmmer eng besser Zesummenaarbecht ass, mee et ass awer an der Schoulkommissioun och rieds gaangen, do goufen Doleancë vun de Schoulpresidente virbruecht, dass et leider oft, wat den Echange vun den Donnéeë vu verschidde Kanner ubelaangt, dass et do awer um Echange nach happert.

E Kand, wat Problemer huet, huet déi de ganzen Dag, an der Schoul an an der Maison Relais. A wann ee vun deenen zwee Partner awer eppes weess, dass zum Beispill d'Bomi krank ass, de Mupp gestuerwen ass, d'Elteren sech trennen oder d'Mamm Kriibs huet, ass et am Sënn vum Kand absolutt farlässeg, esou eng Info net un deen anere Partner weiderzeginn. All Intervenant huet e Secret professionnel. All Intervenant ass assermentéiert. E Secret professionnel partagé ass zum Wuel vum Kand dach wuel iwwert der Protection des Données ze setzen, déi als Excuse geholl gëtt fir näischt ze soen. Mir fannen dat absolutt net korrekt a mir schwätzen hei net vu Klatsch und Tratsch am Schoulhaff, mee vu Suergen, Beobachtungen un eise Kanner, déi ëmmer eng Repercussioun op hiren Alldag hunn. An dofir e waarmen Appell, loosst eis nees d'Kand an de Mëttelpunkt stellen an deementspriechend eis Reglementer upassen.

En plus ass jo virdrun ugeklonge ginn, nach en zousätzlechen Acteur lo dobäi komm, den ONE-Schouldéngscht, e Service, un deen d'Elteren awer och d'Schoulpersonal sech kënne wennen, fir orientéiert ze ginn, wa Problemer bestinn. Et ass relativ vag gehalen, et kléngt alles ganz gutt, mee si kënnen zwar e wéchentleche Suivi ubidden, mee hunn awer keng Manpower. Et ass keen Orthophonist hei am ONE. Et ass kee Psychomotricien am ONE. An all Informatiounen, dat huet mech e bësse stutzeg gemaach, wéi de Projet eis virgestallt ginn ass, all Informatioun préoccupante doit être signalée un de Schouldéngscht, deen och an der Commission inclusion ass. Les aides sont coordonnées avec le personnel des écoles, ce qui peut faire une mise en place plus rapide et évite les doublants. Do sinn ech gespaant, ob mat nach engem zousätzleche Service mer dann och wierklech méi schnell de Kanner kënnen hëllefen, wat ech leider bedaueren an och gesinn, dass et oft iwwert de Schouljoer erausgeet, bis iergendeng Hëllef en place ass. Dofir mol kucken, ob et wierklech méi rapid gëtt. Mir wäerten d'nächst Joer op jidde Fall op den éischte Rapport d'activité waarden.

Zefridde si mer natierlech och all Joer iwwert de Rapport d'activité vun der Schoulmedezin. Dat ass schonn eng Plusvalue fir Diddeleng, dass mer eise schoulmedezinesche Service och a kommunaler Hand hunn. Villmools Merci och hirer ganzer klenger Ekipp awer, déi extreem vill Aarbecht mécht, sief et de Wibbel, sief et d'Vëlofueren, sief et d'Vëlosstagen, sief et d'Begleedung bei de Schouldokter, virdrun ass schonn alles ugekënnegt ginn, virun allem och fir déi vill PAIen, dat si Kanner, déi Allergien hunn, fir déi ze begleeden. Do ass och eng Fro, et gouf emol eng Kéier ugedeit, dass an all Maison Relais e Référent alimentation sollt agefouert ginn. Do wollt ech emol nofroen, wéi et mat deem Projet ass. An, wat och wichteg ass, dat ass hir Interventioun als Assistant social oder d'Sozialaarbecht vum eisem schoulmedezinesche Service, deen oft wierklech, wierklech, wierklech schnell an onbürokratesch an d'Famille geet an eng Hëllef ubitt. An dofir ass dat och e Service, deen ee wierklech och muss am A behalen an net däerf opginn. Mir soen hinnen e grousse Merci.

Ech wollt awer och nach eppes zur Cohabitatioun soen, d'Cohabitatioun Schoul-Maison Relais, wat d'Schoulhäff ubelaangt. Do hate mer och am Aarbechtsgrupp- d'Josiane hat dat elo nach net erwäänt- flott an der Schoulkommis-

sioun rieds gehat, wéi maache mer dat mat de Spillplazen? Dir wësst, d'CSV vertrëtt d'Approche, datt mer Spillplaze bei de Schoulen net exklusiv fir d'Maison Relais Kanner opmaachen, mee och all Kanner aus de Quartieren an hir Quartiersschoul däerfe spille goen. An do hu mer elo en Aarbechtsgrupp, wou mer eis schonn eng Kéier gesinn hunn an d'Josiane huet déi rühmlech Aufgab kritt, fir do en neit Spillplazereglement auszeschaffen, well et ass net nëmmen d'CSV, déi fonnt huet, dass et esou net esou optimal ass, mee och d'Kanner aus dem Kannergemengerot haten déi Doleance bruecht. Do si mer gespaant, wéi et do weidergeet.

Ech hunn nach eng Fro zum Séchere Schoulwee, do huet et geheescht, do géife mer reegelméisseg Kontrolle maache mat de Kanner, mat der Police, mat de Pecherte virun de Schoulen, wéi ass et domadder? Dann d'Fro, Pedibus, jo, alle Jahre wieder, et kann een dat vläicht awer och nach eng Kéier opgräifen, vläicht, wat gëtt et do neits an deem Zesummenhang? Wat mer nach ëmmer bedaueren, dat ass den Transport vun de Kanner vun de Schoulen an d'Kantin. Do komme mer net op e gréngen Zweig, dat schéngt jo net esou evident ze sinn, well mer eeben och verschidde Klassesäll och elo mussen amenagéieren, aus de Maison Relaisen eraus. Dofir feelen eis dann erëm Plaze fir d'Kantin.
D'Fro vläicht konkreet, wéi vill Kanner verloossen de Schoulsite, fir auswäerts gefouert ze ginn? Dat ass vläicht awer och eng Informatioun, déi fir d'Leit net oninteressant ass. Voilà. Ech wollt elo zum Schluss kommen an all Mënsch Merci soen, fir déi gutt Aarbecht an dësem Schouljoer. A bon courage fir 2026-2027 a mir wënschen Iech alleguerte vill Freed a Satisfaktioun an Ärem éierbare Beruff. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Kayser, sinn nach weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Da fueren ech do weider, wou d'Madamm Kayser opgehalen huet bei de grousse Mercien. Als alleréischt emol fir d'Madamm Di Bartolomeo-Ries, fir d'Presentatioun vun der provisorescher Schoulorganisatioun elo grad an och fir déi vill Aarbecht, déi si selwer, an awer och d'Gemengeservicer Schoul a SEA hei dragestach hunn. Deemno e Merci dem Tom Michel an dem Erni Hoffmann an hire jeeweilegen Ekippen, Erni, Dir awer och e besonnesche Merci fir déi flott Zesummenaarbecht iwwert déi Joren, wou sech eis Weeër hei gekräizt hunn, déi gutt Diskussiounen, déi ee féiere konnt, déi vill Äntwerten op d'Froen an déi ëmmer positiv Aart a Weis eis hei géigeniwwer. Vill Erfolleg a vill Erfëllung virun allem bei Denger neier berufflecher Erausfuerderung och op dëser Plaz. E grousse Merci dann awer och un déi ganz Regionaldirektioun, déi hei vertrueden ass duerch de Joël Michaux. Grad esou riichte mir eis Mercien och un d'Schoulcomitéë mat hire Presidenten, fir déi vill gutt Aarbecht, déi si nees geleescht hunn. Net ze vergiessen dann de Merci un d'Enseignanten an d'Educateuren, déi vill Kompetenz, Häerzblutt, Zäit an Nerven an d'Aarbecht an déi sëllegen Aarbechtsgruppe fléisse loossen, déi déi Projeten an d'Liewe ruffen an awer och iwwert d'Dauer um Liewen halen, an dat nieft hirer viller Aarbecht um Terrain mat de Kanner, déi ganz erausfuerderend ka sinn. Och fir all dës gutt Aarbecht wollt ech vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir e Merci vun eiser Säit auszeschwätzen. Sou, elo hoffen ech, dass ech kee vergiess hu beim ganze Merci soen a wann, da war et net gewollt, mee da weist et, dass enorm vill Leit sinn, déi hei am Coup sinn, wann et drëms geet, den Diddelenger Kanner de beschtméiglechsten Encadrement ze bidden an enger Zäit, déi vill Erausfuerderunge mat sech bréngt.

Den Exercice vun der Schoulorganisatioun erfuerdert vill Zäit a Kappzerbrieches, an dat geet jo elo nach weider bis d'Rentréeszäit nach mat. D'Rieden zu der provisorescher Schoulorganisatioun, déi bidden eis och ëmmer erëm d'Méiglechkeet, fir kuerz e Bilan ze zéien an awer och no vir ze kucke wat eis Schoullandschaft zu Diddeleng esou betrëfft. Deemno hat ech et kuerz ugeschwat, et ass eng Zäit, déi vill där Erausfuerderunge mat bréngt. Wann een duerch d'Circulaire du printemps kuckt, steet nieft der Reform Alpha och nach d'Aféierung vum neie Plan d'études un, zwar an Etappen an awer an Zäit vun zwee Joer flächendeckend. Deemno wieren d'nächst Joer dann de Cycle 1 a Cycle 2 drun. Mat dësem a mat der Reform Alpha an deem dozou gehéierenden neie Material hunn eis Équipepédagogiquen direkt vill Neies, wat ab dëser Rentrée op si duerkomme wäert. D'Reform Alpha soll dobäi eng vun de méigleche Stellschrauwe sinn, eise Bildungssystem e Stéck wäit méi gerecht ze maachen, well et de Kanner, wou weeder d'Lëtzebuergesch nach däitscht Mammesprooch ass, erméiglecht e besseren Accès ze kréien, fir alphabetiséiert ze ginn, dat fir kënne Sproochen ze léieren a fir domat engersäits net frustréiert ze ginn, well vun engem verlaangt gëtt iwwert eng vill méi héich Hürd ze sprangen, wéi all déi aner Kanner am Ufank vun der Scolaritéit direkt.

Anerersäits ass et wichteg zu Lëtzebuerg, dem Land vun de ville Sproochen, och deene Kanner de Wee an Zukunft net am Ufank ze verbauen an den Échec scolaire ze provozéieren, wou et eis herno dach ëm d'Beherrsche vu Kompetenze geet, an net drëms, wien am eenanzwanzegste Joerhonnert an Zäite vu KI nach all d'Sproochen an der virgesinner Reiefolleg mat zwielef Joer scho beherrscht. Dat ass elo meng éischter pedagogesch Siicht drop, ma déi als Kommunalpolitiker freet awer do natierlech no der Infrastruktur, spréch no de Säll. Dat ass virdru scho kuerz ugeklongen, och wa mer eis bei der Opdeelung vun den Anzuchsgebidder eng gewësse Flexibilitéit elo ginn hunn, wier et gutt ze wësse wéi gutt dat Ganzt herno um Enn opgeet. Et si scho verschidde Chantieren ugeschwat ginn.
Ma d'nächst Joer am Cycle 1, wou de Start ass, do gesi mer elo nach keng gréisser Gefor. A perspektivesch kënne jo méi verschidden Zenarien entstoen an de verschiddene Schoulen. Do war d'Beispill grad vun den zwee Kanner, déi eventuell e Sall brauchen, fir hiert Angebot kënne wouerzehuelen, wat hinnen zousteet.

D'Fro wier dann, ob de Schäfferot se eemol alleguerten duerchgespillt huet, déi Zenarien, ob et Schoule gëtt, wou nach mussen dréngend Ëmbaute gemaach ginn, fir dass déi Reform kann ëmgesat ginn, oder ob déi enk Zesummenaarbecht et erméiglecht, am Aklang mat de Verschibunge vun den Anzuchsgebidder, dat doten opzefänken an deem

Ganzen e bësse méi geloossen entgéint kënnen ze kucken. Dat géif eis interesséieren, eng Kéier do de Stand ze kréien. Dann och am Quartier Neischmelz, do wollt ech och eemol nom neitste Stand froen. D'Madamm Kayser hat et och grad ugeschwat. Wann do 2028 déi éischt Logementer solle geliwwert ginn, weess ech, dass vun der geplangter Schoul en Aarbechtsgrupp aktiv ass. Wéi ass hei d'Planung vun der Schoul? Si mir do nach ëmmer on track? D'Modifikatiounen och hei vun de Ressort-scolairen erméiglechen et jo, déi éischt Kanner mol opzefänken an awer wollt ech einfach mol den neitste Stand vun dësem Projet wëssen an ob dës Rechnung de méiglechen Alphazeenarien op deenen anere Sitten dann och standhält.

A puncto Blockhütt an der Le'h wollt ech och vun der Geleeënheet profitéieren, fir nozefroen, wou mer do dru sinn, ob et do Retarde bei den Aarbechte ginn oder op den Zäitplang och kann agehale ginn? Ofschléissend mam Punkt Infrastruktur wollt ech froen, wéi et mat de Sportshale bestallt ass, nodeems mir d'drëtt Sportstonn jo dëst Joer fir d'éischt an der definitiver Schoulorganisatioun drastoen haten, do wollt ech einfach wëssen, och en vue vun deem, wat an Zukunft nach gebraucht gëtt, ob do keng Enkpäss entstane sinn dëst Joer an d'nächst Joer, ob se do net wäerten entstoen, well et si jo nach eenzel Previsiounen u Klassenzuelen, déi sech iwwert déi lescht Méint verännert hunn, an do wollt ech halt einfach wëssen, ob dat opgeet. Och bei den Infrastrukturen deet sech am Moment vill, dat muss ee soen. Ech hoffen dann och op eng positiv Entwécklung vun de Gelder, déi vum Ministère solle kommen, well, wéi meng Virriedner grad gesot hunn, effektiv, et gëtt schwiereg, wann ee soll seng Gebaier à jour halen, fir da just nach ee Gebai pro Legislatur dann op den neiste Stand ze bréngen, virun allem mat all deene Reformen, déi da kommen. Do si mer ganz bei Iech. Aleng mat deem neien Haff am Wolkeschdahl, der Aweiung vun der renovéierter Brill-Schoul, dem Chantier Baltzeng, wou d'Baggere grad rullen, ännert sech grad vill an et brauch vill Flexibilitéit vun den Enseignanten an Educateuren, déi mat Chantieren, Provisorium oder Plënneren déi lescht Méint a Kontakt komm sinn.

En Trend, deen och net laanscht d'Regionaldirektioun gaangen ass, wou säit dësem Joer erëm sämtlech Servicer um Diddelenger Territoire ugebuede kënne ginn, dat erméiglecht e wierklech besseren Accès fir d'Enseignanten an d'Eltere bei d'Direktioun an awer och bei d'Servicer, souwéi beispillsweis den ONE-Schouldéngscht, dee mir an der Schoulkommissioun am Mäerz virgestallt kritt hunn. Et war flott ze héieren, dass eis Regioun eng vun deenen Éischten ass, wou déi Offer besteet, déi d'Vernetzung tëscht schoulescher a sozialer Hëllef duerstellt. No bei den Enseignanten a bei den Elteren, dat ass am Sënn vun de Kanner an dofir nach emol Merci fir den Abléck och an dës wäertvoll Aarbecht.

Wann een iwwert d'Zesummespill vu méi Acteure schwätzt, kënnt een natierlech och net dolaanscht, eise PEP unzeschwätzen. D'Circulaire du printemps ënnersträicht, wéi wichteg dem Ministère d'Zesummenaarbecht tëscht der formaler an der nonformaler Bildung ass. An et gesäit ee mat Bléck op de Pepp, dass dat en Theema ass, wat op all Site e wichtegt Theema ass. Vun de ville Kennenlernbrunche bis hin zu den Ofschlossfester gesäit een, dass dat Relationellt mat den Elteren, den Enseignanten an den Educateure wichteg ass, awer och d'Fërdere vu Kompetenzen am Respekt vun engem Bildung. An engem Plan d'études vu gemeinsame Sortien, Gäertneraarbechten an Hochbeeter a Gäert, der Organisatioun vu gemeinsame Fester, et gesäit ee wierklech gutt, dass vu Joer zu Joer déi Zesummenaarbecht ëmmer méi zum Reflex an zur Normalitéit gëtt, an dat net just reng funktionell um Niveau vun de Lokalitéiten. Dat ass wierklech flott ze gesinn an a mengen Aen och eng immens Plus-value fir eis Diddelenger Bildungslandschaft. Dës Collaboratioun wäert am Kader vun deem nächste Schoulentwécklungsplang, deen d'nächst Joer mat engem État des lieux wäert ugestouss ginn, jo dann och erëm an der Bestandsopnam Thema sinn, wou sech dann d'Froe gestallt ginn, wat kéint een hei nach anescht maachen, wat leeft do scho gutt, wat kéint ee probéieren, do si mir gespaant, wat d'Zukunft nach alles wäert mat sech bréngen. En Engagement vu villen eenzelne Servicer reit sech an an en Encadrement, wou d'Kand am Mëttelpunkt steet, wat engem och all Joers kloer gëtt, wa mir de Rapport vun der Schoulmedezin gemaach kréien an och en Abléck an dës wichteg Aarbecht kréien.

De ganze Volet ëm d'Gesondheet an d'Beweegung vun de Kanner bréngt mech och bal alljoers a menger Ried hei zum Punkt vum Séchere Schoulwee, wou ech nach ëmmer muss soen, dass mir trotz punktuellen Efforten a villen Diskussiounen driwwer awer nach ëmmer Sputt no uewen hunn, dëst Theema méi séier méi konsequent unzegoen. Ech weess, et ass net einfach an et mécht ee sech net bei jidderengem beléift, mee mir kënnen net zouloossen, dass all Moien Autoen op den Trottoire parken, wou mir eigentlech gären hätten, dass d'Kanner selwer driwwer trëppelen, fir an d'Schoul ze goen. Ech si frou driwwer, dass mir an der Lescht ëmmer méi konstruktiv Reuniounen dozou haten, och elo nach virun zwou Wochen an der Verkéierskommissioun. Ma ech denken awer och, dass et, wa bis gréisser Aarbechten un de Stroosse bei de Schoulen ustinn, mir net laanscht e Verkéiersberouegungskonzept kommen, wat baulech Moossname wéi beispillsweis Modalfilter a Stroosseverengunge virgesäit an allgemeng en Neidenke vum Parkraum virgesäit, fir just déi dote Beispiller ze nennen.

D'selwecht konstruktiv, an dat wollt ech och betounen, d'Diskussioun ronderëm de Precoce Brill-Lenkeschléi, wou fir eis schonn ënnert menge Virgängerinnen den ierféierenden Numm war, deen elo a Foxenhiel ëmbenannt gëtt. Och eis Reunioun ronderëm d'Spillplazen- a Schoulhaff-Reglement wollt ech als ee Good practice Beispill ernimmen, wou d'Majoritéit an d'Oppositioun zesumme mat de Leit um Terrain d'Käpp konnten zesumme strecken. Och hei si mir gespaant, wou mir do herno wäerten erauskommen. Dës konstruktiv Zesummenaarbecht tëscht der Oppositioun an der Majoritéit bréngt eis, denken ech, weider.

Ech muss an deem Kontext awer och soen, dass ech de Moien, wou ech d'Zeitung opgemaach hunn, éierlech gesot enttäuscht driwwer war ze liesen, dass dëser konstruktiver Zesummenaarbecht am Kontext vun der Sensibiliséie-

rungscampagne vis-à-vis vun ze vill Dezibel bei Déieren a Kanner net Rechnung gedroe ginn ass. Sou konnt een haut da beispillsweis liesen, dass dës Sensibiliséierungscampagne, déi gutt dobaussen ukomm ass, dem Kulturschäffe seng Iddi gewiescht wier. Wann ech dann awer zréckbliederen op d'lescht Woch, stellen ech fest, dass d'Tageblatt nach richtegerweis geschriwwen huet, d'Initiativ wier vun eiser grénger Motioun am leschte Joer ausgaangen.

Jo, dat war zu menger Ried zum Budget, wou ech se deposéiert hat an et war d'Madamm Kayser, wou och d'Kanner an d'Spill bruecht huet an där Diskussioun, an där, an dat war ech de Moien nach eemol kucken, de Kulturschäffen u sech näischt dozou gesot huet. Ech ënnerstellen hei kee béise Wëllen a ginn ëmmer vum Gudden aus, ma et wier dann awer och flott, wann déi flott Zesummenaarbecht mat der Oppositioun dobaussen och géif esou ukommen.
An dat ass u sech de Grond, wisou ech elo dëse Bou gemaach hunn hei, eeben dass bei de virdru genannte gudde Beispiller vun Zesummenaarbecht Dir Iech d’Erfolleger net eleng opschreiwe gitt. Ech soe Merci a wënschen eng gutt Ligne droite vun dësem Schouljoer a bis geschwënn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Gëtt et nach weider Stellungnamen?

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Vun eiser Säit och e grousse Merci der Madamm Di Bartolomeo Ries, fir déi gutt Preparatioun a Presentatioun vun deem ganzen Dossier, wou ganz vill Energie an Aarbecht dran investéiert ginn ass. Och e grousse Merci dem Här Tom Michel a senger ganzer Ekipp, dem Här Joël Michaux, dem Här Erni Hoffmann, an der ganzer Schouldirektioun an och dem ganze Schoulpersonal, déi un dëser Schoulorganisatioun matgeschafft hunn. Mir begréissen déi provisoresch Schoulorganisatioun 2026-2027. D'Fräibildung fir all Kanner ass e Grondrecht, wat um Niveau vun de Gemengen ëmgesat gëtt. Mir ënnerstëtzen och all Integratioun an Nohëllef, déi am Kader vun der Activité parascolaire ugebuede gëtt. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo.

MARC MEYER (DP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, ech schléisse mech menge Virriedner och un, bei alle Mercien. Dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, e grousse Merci fir d'Presentatioun, dann dem Tom Michel an dem Erni Hoffmann, deem ech natierlech och alles Guddes wënschen op sengem neie Wee och e grousse Merci. Merci awer och un de Joël Michaux, wéi och un déi ganz Schouldirektioun, d'Schoulpresidenten, d'Enseignanteën an Enseignanten an och soss all Mënsch, dee mat dru schafft, fir datt eis Kanner, eis Zukunft, déi Schoulausbildung, spréch déi Wëssensbasis kréien, déi si brauchen, fir spéiderhin och kënnen dorobber opzebauen. Well mir wëssen alleguerten, bei der Ausbildung ass et e bësse wéi wann een en Haus baut. Wann d'Basis, d'Fundament näischt daacht, dann ass et och herno schwéier, fir eppes Stabilles dorobber opzebauen. An ech kann hei just soen, dass ech als Papp vun zwee Kanner, déi hei zu Diddeleng an d'Primärschoul ginn, hir Schoulmeeschtere just luewe kann, fir d'Engagement an déi gutt Aarbecht a Gedold, déi se mat eise Kanner hunn, fir hinnen ebe genau dat Wëssen, dat ech elo erwäänt hunn, bäizebréngen. An dat kann ee roueg emol eng Kéier soen, dass si et och net ëmmer ganz einfach hu mat eise Kanner. Mir wëssen dat, mir waren alleguerten nach eng Kéier jonk an dach sti si hir Fra a respektiv hire Mann ganz tapfer.

Iwwert den Dossier vun de Kanner mat Besoin-spécifiquen an de Personal, dat do en charge ass, gouf jo och scho geschwat, genau wéi iwwert de Projet Alpha, wou ech mech dem Här Steffen ganz uschléissen, senge Wierder respektiv. Ech wëll do awer dann nach eng Kéier och soen, Jo, mir brauchen dann ëmmer mol deen een oder anere Sall méi. Awer de Projet Alpha ass awer- wou ech denken, dass mer eis do hoffentlech alleguerten eens sinn- eppes ganz Wichteges fir Lëtzebuerg ass, fir dass eeben och all Kand, och déi Kanner, déi doheem net op Lëtzebuergesch oder soss Däitsch erzu ginn, respektiv wou déi Elteren eeben net déi sproochlech Fäegkeeten hunn, och déi Kanner sollen dann awer och an der Schoul matkommen a weiderkommen an net duerch déi sproochlech Barrière ausgebremst ginn. A wéi ech schonn eng Kéier gesot hat, sinn ech ganz frou, dass mir als Diddeleng do direkt Virreider och waren.

Ech hätt dann awer nach eng kleng Fro och, an nämlech géif ech gär wëssen, fir den optimaalste Fall, ech schwätzen elo vum optimaalste Fall, wéi vill Schoulsäll misste mer eigentlech nach an deene diverse Quartiere bäikréien, ouni dass mer elo Säll vu Maison Relaisen opferen, fir dorausser Schoulklassen ze maachen, respektiv Schüler hin an hier ze transportéieren. Wéi vill Schoulsäll misste mer eigentlech hunn, fir mam Ist-Zoustand vun de Schüler vun haut optimaalst kéinten ze fueren? A besteet do nach bei där enger oder anerer Schoul, wou mer elo net schonn ëmgebaut hunn, vergréissert hunn, respektiv renovéiert hunn, de Moyen, fir dann och, ech wëll net soen à court terme, mee au moins à moyen terme, deem gerecht kënnen ze ginn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer. Weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Et ass schonn esou vill gesot ginn. Keng Angscht, ech wäert net alles widderhuelen, wat scho gesot gouf, ech ka mech dann e bësse méi kuerz halen. Ech fänke selbstverständlech dann och un, mat all de Mercien an der Hoffnung, dass ech kee vergiessen un den Erni Hoffmann an den Tom Michel, un den Här Michaux vun der Direktioun, un d'Personal an all eise Servicer an awer natierlech och un d'Personal um Terrain, souwuel an der Schoul wéi och an der Maison Relais, mat engem extra grousse Merci dann natierlech och vun eiser Säit un den Erni Hoffmann, deem mer alles Guddes wënsche fir d'Zukunft. Ech war dës Kéier och nees- eigentlech sinn ech jo net Member oder och net Observatrice an der Schoulkommissioun – ech war awer dës Kéier och am Mäerz dobäi, wou iwwert d'Schoulorganisatioun geschwat gouf an ech fannen dat wierklech ëmmer immens interessant als Persoun, déi dat da wierklech vu bausse kuckt, déi näischt berufflech oder esou domadder ze dinn huet, wéi déi Diskussioune lafen.

Mir kruten e bëssen erkläert, dass mer dëst Joer manner Stonnen hunn, well mer manner Kanner hunn, an dass déi Informatiounen an déi Stonne freides erakoumen an dass méindes schonn d'Schoulpresidenten zesummesouzen an dass méindes owes schonn déi éischt Propos eigentlech virloung vun der Opdeelung an da gesäit ee mat, wat do alles muss diskutéiert ginn a wat muss opgewie ginn. Maache mer elo méi grouss Klassen, fir dass mer méi Stonnen hunn, vläicht fir an den Appui oder fir an d'Team Teacher oder musse mer awer op enger Plaz vläicht eng Klass splécken, fir dann awer méi kleng Klassen ze hunn an dat wat vläicht an där enger Schoul richteg ass, dat ass net onbedéngt an där anerer Schoul richteg. Also, ech hu wierklech déi Diskussioun an der Kommissioun ganz interessant fonnt, well ee gesäit, dass do immens vill kommunizéiert muss ginn tëschent de Schoulen, fir dass dat eeben och solidaresch funktionéiert an net herno vläicht schlecht Diskussiounen opkommen oder dass gesot gëtt, okay, firwat huet déi dote Schoul elo déi Stonne kritt an net déi aner. Also, ech muss soen, mäi Gefill vu bausse war op alle Fall, dass dat wierklech eng ganz gesond Diskussiounskultur war. An dowéinst wollt ech och nach eng Kéier e grousse Merci dann do wierklech un déi betraffe Leit lassginn, déi eebe solidaresch zesummegeschafft hunn a probéiert hunn, déi bescht Léisung net just fir hir Schoul, mee eigentlech fir all d'Kanner hei zu Diddeleng ze fannen, wat net ëmmer sou einfach ass. Also jidderee war – dat ass elo mäi Gefill- prett fir Waasser a säi Wäin ze schëdden, fir dass eeben do eng gesond Solutioun erauskënnt.

Iwwert d'Cohabitatioun ass elo scho vill geschwat ginn. Dat ass natierlech eng Erausfuerderung, mengen ech. Ech mengen, dat ass awer och verständlech, och aus der Siicht vum Personal, dass dat natierlech eng Ëmstellung ass, wann ee vläicht gewinnt war, op eng Aart a Weis ze schaffen a säi Sall ze hunn an dann ass dat net méi esou. Ech mengen, et muss een och e bësse verstoen, dass dat eng Ëmstellung ass. An dowéinst awer dann och op dëser Säit vun eiser Säit e grousse Merci un d'Personal, dat sech awer- mengen ech- Méi gëtt, och wann dat natierlech um Ufank op verschiddene Plaze vläicht esou méi Konflikter féiert wéi op aneren. De PEP hu mer eis effektiv duerchgelies an ech fannen et ëmmer interessant, och wat do vu flotten Iddien an Aktiounen drasteet. Zwee Punkten, déi mir an d'A gespronge sinn, dat war zum engen dee multilinguale Lexikon, deen an enger Schoul zesumme mam Schoulpersonal soll opgestallt ginn, wat mer dowéinst an d'A gesprongen ass, well de Projet Alpha natierlech e ganz wichtege Projet ass. Ech mengen, do si mer eis effektiv bal alleguerten heibannen eens, dass dat wichteg ass, mee well dee multilinguale Lexikon, well eeben och d'Iddi vun der Mammesprooch, dass déi och soll valoriséiert ginn an dass déi och wichteg ass, an dass elo eng Alphabetisatioun op Franséisch natierlech wichteg ass, mee dass dobäi net soll vergiess ginn, dass all Kand oder ganz vill Kanner mat ënnerschiddleche Mammesproochen dohinner kommen. An och, dat mengen ech, soll ugeholl ginn an domadder soll och geschafft ginn. Dowéinst ass eis dat ganz positiv opgefall. Genau sou wéi- et ass scho gesot ginn- dass Kanner eeben emol mussen d'Gebai wiesselen, elo virun allem tëschent Italien an Deich, respektiv, dass an der Schoulvakanz jo Maison-Relaisen zum Deel fusionéieren. An och do ass virgesinn, dass d'Kanner schonn am Virfeld preparéiert ginn, dass se dat Gebai, wou se dann an der Schoulvakanz vläicht higinn, dass se dat scho kennen, dass se do wëssen, wat op se duer kënnt. Och dat wollt ech eng Kéier ervirhiewen, well ech dat ganz flott fonnt hunn.

Wa mer bei de Maison Relaise sinn, hätte mir allerdéngs nach eng Fro. Mir hu jo eng Prioritéitelëscht, ënner anerem mam Règlement interne, dass natierlech Kanner aus Famille-monoparentale solle prioritär behandelt ginn. An dann natierlech och Kanner aus Familllen, wou déi zwee Elterendeeler Vollzäit schaffen. Drëttens, wann een Elterendeel schwéier gesondheetlech Problemer huet. A véiertens, wa Kanner aus Famillje kommen, déi vläicht engem erhéichten Aarmutsrisiko ausgesat sinn. A mir hunn eis gefrot, ob een do net nach misst eng fënneft Kategorie bäisetzen, an zwar do, wou d'Elteren am Chômage sinn. Dat ass eng Diskussioun, déi eis opkomm ass, wa mer eis do geduecht hunn, okay, mee dat ass natierlech schwéier, wann dann d'Elteren eigentlech eng Aarbecht sichen. Se sinn am Chômage. Eigentlech solle se sech dem Aarbechtsmaart zur Verfügung stellen. Mee wa se dann natierlech op der Liste d'attente sinn, fir d'Maison Relais an net wësse wat se mat hire Kanner maache sollen, da kéint et natierlech schwiereg ginn, fir dann awer vläicht herno eng Aarbecht ze fannen. Dowéinst hu mer eis gefrot, ob een déi net och nach kéint op d'Prioritéitelëscht dobäi setzen.

Sou, dann hätt ech e puer Froen, well ech hat mer opgeschriwwen ob d'Ëmbenennung vu Brill-Lenkeschléi elo kënnt. Dat schéngt dann esou ze sinn. Mir fannen den Numm vun der Foxenhiel och wierklech flott a passend. Ech hunn elo nogelauschtert, d'Madamm Ries ass drop agaangen, dass eis Gebaier un der Limitt sinn. Dat iwwerrascht eis elo net. Ech mengen, mir kënnen dat novollzéien, Diddeleng wiisst an awer, a mir gesi jo, dass mer méi Raim brauchen, dass dann och bei eise Gebaier awer iergendwann d'Reserven net méi do sinn. Mee eis Fro wier, wat heescht dat dann elo a gëtt et do schonn Iwwerleeungen, wou mer da lo vläicht wierklech mussen deemnächst handelen? Ech mengen, Baltzeng ass um Wee. Lenkeschléi wësse mer och, dass dat esou lues ufänkt mat der Planung. Mee wat heescht dat dann, fir Strutzbierg, Brill an Deich zum Beispill, siche mer dann do iergendwéi Annexen oder hu mer do schonn iergendeng Iddi awer, wéi mer do wëlle virgoen, well mir kënne jo dann net waarde bis et ze spéit ass, mee mer musse jo dann elo ufänken awer eis d'Froen ze stellen. Wann d'Regierung eng Spuerpolitik mécht, da musse mer eebe kucke wéi mer dat maachen, dass mer dat finanzéiert kréien als Gemeng, mee ech mengen dat ass awer effektiv eng Fro, déi mer eis matzäite mussen och iwwerleeën, wéi mer dann do ëmginn domadder.
Dann hat ech nach zwou Froe mer opgeschriwwen. Dat eent war, ech hat nämlech och am Rapport vum Observatoire social natierlech gelies, wat se zu deem Sujet soen. An do ass et draus ervirgaangen, dass 15 % vun de Kanner hei zu Diddeleng, déi eigentlech am Alter sinn, net hei zu Diddeleng an d'Schoul ginn. Dat geet erop bis 25 %. Dat ass awer ab dräi Joer. Dat heescht, ech ginn dovun aus, dass dat virun allem och de Precoce ass, wou jo elo gesot ginn ass, dass do 70 % sinn. Dat heescht, dass déi Moyenne vläicht doduerjer esou niddreg ass. An do hunn ech

mech einfach gefrot, ob mir do och iergendwéi Informatiounen, Zuelematerial hunn, firwat déi Kanner net sinn. Also Precoce ass dann offensichtlech, mee ob mer wëssen, firwat Kanner, déi méi al sinn, och vläicht net hei zu Diddeleng an d'Schoul ginn, mee anzwousch anescht. An an deem Rapport stoung och, dass eng nei Problematik géif op eis duerkommen, nämlech dass ëmmer méi Demandë géife komme vu Kanner, déi iwwer zwielef Joer al wieren, fir nach an d'Maison Relais. Dat war elo fir mech nei, wou ech dat am Rapport gelies hunn, do wollt ech einfach froen, okay, ass dat en neie Phenomeen, an ass dat wierklech eng Problematik oder ass dat just eppes, wat esou genannt gouf am Gespréich mat den Experte vum LISER? An hunn déi Kanner dann och nach Prioritéit, wa se op der Prioritéitelëscht virdru stoungen oder wéi gi mer domadder vir? Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir Är Stellungnam. Madamm Loullingen.

MARTINE LOULLINGEN (LSAP): Also, fir d'éischt och am Numm vun eiser Fraktioun wëll ech all deene Leit Merci soen, déi un dëser provisorescher Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2026-2027 geschafft hunn. Merci un d'Madamm Di Bartolomeo Ries fir d'Presentatioun. E Merci geet och un eise Schoulservice ënnert der Leedung vum Tom Michel.  Merci och der Ekipp vun der Schouldirektioun ënnert der Leedung vum Joël Michaux, de Schoulpresidentinnen a Presidenten, de Leit aus hire Kommiteeën, all Enseignanten an natierlech och dem Erni Hoffmann a senger Ekipp fir d'Opstelle vum PEP an déi geleeschten Aarbecht um Terrain. Dann awer nach e ganz besonnesche Merci fir den Erni, fir seng wäertvoll Aarbecht déi lescht Joren. A mir wäerten him och vill Freed a Gléck op sengem weidere Wee a bei sengen neien Aufgabe wënschen. Vill vun där Aarbecht, déi déi lescht Méint geleescht gouf, gesäit een net op den éischte Bléck. Mee ouni dësen deeglechen Engagement an och alles dat, wat am Hannergrond leeft, géif eis Schoul vläit net esou funktionéiere wéi si et mécht. A genau dës Aarbecht ass d'Viraussetzung, dass eis Kanner zu Diddeleng gutt encadréiert a begleet ginn.

Et ass all Joers nees eng grouss Erausfuerderung, eng equilibréiert Schoulorganisatioun op d'Been ze stellen, an dëst Joer war et sécher och net méi einfach, well verschidde Facteuren nach ëmmer ännere kënnen, wéi zum Beispill Departen oder Arrivéeën. An trotzdeem gesäit een, wéi vill Engagement hannert dëser Organisatioun stécht. Mee mir schwätzen, ech mengen dat kennt Der och bei mir, net nëmmen iwwert d'Zuelen, Klassen a Contingenten, mee mir schwätze virun allem iwwert eis Kanner, well hannert all Klass steet e Kand, e Kand mat Stäerkten, mat Froen, mat Besoinen an heiansdo och mat Schwieregkeeten. An ech mengen, genee dat muss ëmmer am Mëttelpunkt vun eiser Schoulpolitik stoen. Wa mir eis d'Zuelen ukucken, da gesi mir, datt d'Gemeng dëst Joer 3 753 Unterrechtsstonne kritt, also 45 Stonne manner wéi nach 2025, mee do hu mer d'Erklärung scho kritt, et si manner Kanner. Ëmsou méi muss ee betoune wéi vill Efforte gemaach goufen, fir trotzdeem eng equilibréiert Organisatioun am Interessi vun de Kanner opzestellen. An enger Zäit, wou och d'Erwaardungen un d'Schoul ëmmer méi grouss gëtt, ass ganz positiv ervirzehiewen, datt eng néngt Precoceklass opgeet wéinst der Erhéijung vun den Aschreiwungen.

Vun eisen 223 Kanner sinn der 157 am Precoce, dat si ronn 70 Prozent, wéi d'Madamm Di Bartolomeo-Ries scho gesot huet, an dat weist ganz kloer, datt d'Demande bei deene Klengste weider klëmmt an datt mir als Stad mat dëser Entwécklung musse Schratt halen. Gläichzäiteg weist et awer och, wéi wichteg de Precoce fir vill Familljе ginn ass a wäert ginn, well de Precoce huet haut nämlech net nëmmen eng pedagogesch Roll fir d'Kanner, mee ass och eng wichteg Ënnerstëtzung fir vill Elteren, fir Familljeliewen a Beruff besser mateneen ze vereenen an alles ënnert den Hutt ze kréien. Voilà. Ech begréissen och den niddregen Effectif pro Klass am Precoce an an den niddrege Cyklen. Domadder gëtt probéiert, de Kanner e gudden Engagement an eng pedagogesch sënnvoll Struktur ze garantéieren.

Des Weidere gesi mer, datt vun de Kanner, déi ageschriwwe goufen, 115 Kanner och an der Maison Relais opgeholl gi sinn, also 8 méi wéi dat Joer virdrun, an och dat weist, wéi grouss de Besoin un enger gudder Betreiung ass. An dës sinn Investitiounen, déi direkt eise Kanner zegutt kommen. Besonnesch positiv ass och, datt ab dem 15. Juli all Schoul iwwer en AEBS wäert verfügen. Dat ass e wichtege Schrëtt a Richtung méi Inklusioun a méi individuell Begleedung vun eise Kanner am Schouldag. Ech wëll och just betounen, vläicht erwänen, datt ech selwer eeben och mierken, well ech eeben och einfach aus deem Beräich kommen, datt och eis ESEP-Equippen oft un hir Grenze kommen. Ech erliewen dat och all Dag. Ech mengen iwwerall sinn d'Leit mat den Dossiere virbäi an hanne widder. An ech denken, dass dat net nëmmen e lokale Problem ass, mee en nationalen, wéi esou munch aner gréisser Problemer och. An do wär et wichteg, dass iergendwann eng Kéier eis Politik reagéiert. Da gesi mer, dat ass och scho gesot ginn, datt d'Besoine vu Quartier zu Quartier verschidde sinn an op all dës Besoine gëtt versicht esou gutt et eebe geet anzegoen.

Zu Butschebuerg ass am Cycle 4.1 zum Beispill en Team Teacher virgesinn, fir déi méi grouss Klasse besser ze geréieren. Dir gesitt also, mir stinn all Joer erëm virun neien Erausfuerderungen, mee et weist och, datt Diddeleng eng lieweg a wuessend Stad ass. Wann ee sech d'Organisatioun an de verschiddene Schoulen da weider ukuckt, da gesäit een, datt probéiert gouf pragmatesch a pädagogesch sënnvoll Léisungen ze fannen, wéi zum Beispill zu Butschebuerg gouf eng zousätzlech Precoce-Klass geschaf. Am Brill kënnt eng sechst Prescolaireskiass dobäi. Um Deich ginn zousätzlech Klassen am Cycle 2.2 an am Cycle 4.1 geschaf. Um Strutzbierg gëtt op déi aktuell Situatioun reagéiert mat enger zousätzlecher Prescolairesklass an enger neier Organisatioun am Cycle 4. Ech mengen, dës Beispiller weisen, datt hei net nëmmen einfach mat Zuele gerechent gouf, mee datt wierklech probéiert gëtt, eng Organisatioun opzestellen, déi pedagogesch Sënn mécht an de Realitéite vun den eenzelne Schoulen entsprécht.

Mee eng gutt Schoulorganisatioun bedeit net nëmme genuch Klassen a Raim, et geet och ëm d'Qualitéit. An ech mengen, datt hei ganz vill gutt Aarbecht geleescht gëtt. Besonnesch de PEP weist, wéi wichteg d'Zesummenaarbecht

tëscht Schoul, Maison Relais an Elteren ass. An d'Zil ass ëmmer dat selwecht an ass ganz kloer d'Reussite an d'Entwécklung vum Kand. Et ass wichteg, datt formell an non-formell Bildung sech ergänzen. An et ass ganz flott ze gesinn, datt ëmmer méi gemeinsam Aktivitéiten an eng ëmmer méi enk Kollaboratioun entstinn. Och d'gemeinsam Benotzung vu Raimlechkeete weist, datt flexibel a pragmatesch no Léisunge gesicht gëtt. Dëst wäert och d'Zukunft sinn a landeswäit ëmmer méi gefuerdert ginn. Dat wäert net ëmmer einfach sinn, mee et weist, datt vill Leit bereet sinn, zesummen am Interessi vum Kand ze schaffen. Da fannen ech et ganz positiv, datt 23 Stonne fir d'Wildnispedagogik virgesi sinn. Dëst ass e ganz flotte Projet, well en de Kanner eng aner Approche vum Léieren erméiglecht an och d'Natur, d'Selbstvertrauen an d'perséinlech Entwécklung méi staark an de Fokus setzt. Och am Beräich vun der Inklusioun gëtt vill geschafft, well grad déi éischt Schouljore si ganz entscheedend. Wann ee Kanner do gutt begleet, kann ee vill opfänken an hinnen e staarke Start ginn.

D'Schoulmedezin ass a bleift, ass och schonn erwäänt ginn, e wichtege Bestanddeel an der Begleedung vun eise Kanner. An och mir soen hinnen op dëser Plaz nach eng Kéier e ganz grousse Merci fir hir wäertvoll Aarbecht. Ech hunn awer nach e weidere Punkt, deen ech perséinlech als Enseignante immens wichteg fannen, an dat ass den neien ONE-Schouldéngscht. Dëse Service weist, datt d'Schoul haut vill méi ass wéi nëmmen Unterrecht. Vill Kanner a Famillje stinn ënner Drock an d'Konsequenze vun de leschte Joren, och post-Covid, si bei ville Kanner nach ëmmer spierbar. An do ass et immens wichteg, datt d'Hëllef séier, mënschlech an direkt op der Plaz méiglech ass. Dat ass e reelle Besoin um Terrain ginn. Dëse Service soll preventiv no bei de Familljen an an enker Zesummenaarbecht mat de Schoule schaffen. Datt en direkt an de regionale Strukturen integréiert ass, ass sécher e grousse Virdeel. Besonnesch wichteg ass awer, datt de Schutz vum Kand ëmmer am Mëttelpunkt steet. D'Iddi hannendrun ass richteg, net waarde bis eng Situatioun eskaléiert, mee éischter kucken, begleeden, nolauschteren a virun allem preventiv schaffen. Et ass ëmmer en Trauma, wann e Kand aus engem familiäre Ëmfeld erausgeholl gëtt. D'Haaptzil muss also sinn, d'Familljen esou fréi wéi méiglech ze ënnerstëtzen a Placementer esou wäit wéi méiglech ze vermeiden.

Genee do kann deen neien ONE-Schouldéngscht vläicht eng immens Plus-value si fir all eis Leit an d'Servicer um Terrain. Den Austausch vun Informatiounen tëscht Elteren, Enseignanten, Educateuren an den Hëllefsservicer ass am Interessi vum Kand immens wichteg, natierlech ëmmer am Respekt vum gesetzleche Kader. Genee dofir war d'Question parlementaire vum Här Biancalana an der Madamm Closener vum 23. Abrëll 2026 och esou wichteg. Si dréit derzou bäi, méi Kloerheet iwwert d'Missiounen, d'Responsabilitéiten an d'Zesummespill vun deene verschidde Servicer ze schafen, fir sécherzestellen, datt d'Kanner an d'Familljen déi beschtméiglech Ënnerstëtzung kréien. Gläichzäiteg weist dëst awer och, datt verschidde Froen nach musse weider preziséiert ginn, besonnesch wat den Informatiounsaustausch, de Secret professionnel, den Dateschutz an d'Zesummenaarbecht tëschent de Servicer ugeet. Et ass wichteg, datt kloer Strukturen an transparent Prozedure geschafe ginn, ëmmer am Interessi vum Kand, sou wéi d'Madamm Kayser och scho virdru gesot hat. Well d'Kand soll ëmmer am Mëttelpunkt stoen an déi administrativ Weeër an Hürde musse sou kuerz wéi méiglech gehale ginn.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, eng Schoulorganisatioun ass vill méi wéi eng technesch Opdeelung vu Klassen, si weist wéi eng Gesellschaft mir wëlle sinn. Eng Gesellschaft, déi nolauschtert, déi schützt, déi investéiert an déi all Kand eescht hëlt. Eis Kanner si keng Zuelen an enger Statistik, si sinn eis Zukunft. An dofir ass et eis Aufgab, hinnen déi beschtméiglech Konditiounen ze ginn, fir ze léieren, fir sech ze entwéckelen a virun allem fir sech sécher gutt begleet a gutt opgruewen ze fillen. An dofir gëtt eis Fraktioun hiren Accord zu dëser provisorescher Schoulorganisatioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och, Madamm Loullingen, fir Är Aschätzung. Domat hätte mer, mengen ech, hei den Tour gemaach. An ech wëll elo d'Wuert zréckginn un d'Josiane respektiv un den Här Michaux, den Här Michaux respektiv den Här Hoffmann fir ze äntwerten op déi Froen, déi gestallt goufen.

JOËL MICHAUX (REGIONALE SCHULDIREKTOR): Merci, Här Buergermeeschter. Vläicht fir d'éischt e Merci fir all déi Mercien, ech schléisse mech deem dann un, well da vergiessen ech nämlech keen, well dat geléngt mer meeschtens net. Vläicht just d'Schoulorganisatioun. Ech si frou, dass erkannt gëtt, dass mer dat all Joer eigentlech ganz plastesch gesinn an op dat reagéieren, wat nun emol den Terrain verlaangt. Mir sinn do net esou a figéierten Denkmusteren ënnerwee an dofir ass et dëst Joer alt och anescht wéi dat Joer virdrun. Vläicht zu deenen eenzelne Froen, déi opgeworf goufen. Ech wéilt mat den Allongementer ufänken. De Legislateur huet den Allongement 2009 per se net als schlecht gesinn, mee fir engem Kand d'Chance ze ginn, an engem méi laangem Zäitraum déi néideg Kompetenzen ze kréien. Dat heescht, mir sollten oppassen, dass mer deen Allongement net ëmmer als ganz negativ duerstellen. Deen hëlleft och de Kanner weider.

Leider hu mer awer och eng national Statistik, déi beleet, dass mer do defizitär ënnerwee sinn. Mee dat ass awer net bei all Kand de Fall. Spezifesch op Alpha elo, d'Madamm Kayser hat déi Fro gestallt, do si mir ganz - ech wëll do wierklech dat Wuert houfreg scho bal benotzen. Mir kënnen hei zu Diddeleng soen, dass mer d'Allongementer um Deich erofgeschrauft hunn. An zwar drastesch. Mir schwätze vun iwwer 50 %. Dat ka sinn, well d'Elteren am C-1 Opportunitéite gesinn, wou se hiert Kand kënnen hin orientéieren, zesumme mat den Enseignanten. Et kann awer och sinn, dass hannendrun de Choix och dee richtege war. Do misst ech d'Chiffere lo ganz granuléieren an an alle Fall eenzel kucken. Fakt ass, dass mer am zweete Joer hannerteneen am Reduzéieren ënnerwee sinn, wat d'Unzuel vun den Allongementer ugeet. Do sinn ech also ganz positiv, dat schwätzt hei zu Diddeleng an deem Sënn fir de Projet Alpha. Ech wéilt elo och direkt op d'Infrastrukturen agoen, well dat op e puer Plazen elo ernimmt gouf.

Et ass net de Projet Alpha per se, deen de Problem un den Infrastrukture stellt. Natierlech, et muss een Äntwerten drop fannen, mee mir waren elo de Mëtten um Deich, do ass net den Alpha-Projet de Problem, mee et ass en Dedoublement vu Klassen, an dat sinn einfach demografesch Entwécklungen, déi an eenzelne Quartieren dohannert stiechen, wou mer mussen drop reagéieren, et ass awer do net Alpha, wat de Problem ass a mir wäerten och net méi spéit wéi muer de Mëtten - den Här Steffen wäert do dobäi sinn, well och Kayl a Rëmeleng dobäi ass –wäerte mer déi nächst Simulatioun vun de Klasseneffektiver fir dat nächst Joer maachen, dat heescht mat de besteeënden Zuelen aus dem Cycle 1.2 a schonn déi, déi elo am 1.1 sinn, well elo ass et nach, ech nennen et ëmmer eng Form vun Drécheschwammen, dat Joer duerno net méi.

Dofir ass et fir eis ganz wichteg, dass mer deen Exercice all Joer maachen, an dat zwar ganz uerdentlech a seriö, well mer do déi Deltae gesi vu Klassen, déi eventuell feelen. Oft schwätze mer och just vu klenge Räim. Well d'Gruppe si jo net ëmmer Klassegréissten, soudass mer, et muss een oppasse wat fir eng Terme mer benotzen, heiansdo geet en Appuissall duer. Mir hunn de Mëtten um Deich erëm eng Solutioun fir e Sall fonnt. Do geet et duer, wa mer siwen, aacht Kanner kënnen drasetzen, fir dass mer funktionéieren. Dat heescht, et muss net ëmmer 60 Meterkaree sinn. Wéi gesot, den Exercice gëtt muer de Mëtten erëm ganz akribesch gemaach an aus deem Tableau, mir maachen dat och ganz hands-on mat de Presidenten zesummen, kënnt natierlech och den Delta u Personal eraus, wat eventuell misst dobäi gesat ginn, wa mer e Gebai hunn, wou just zwee Kanner op Franséisch oder op Däitsch géifen alphabetiséiert ginn, wou mer en neie Grupp musse kreéieren an net wéi a méi grousse Gebaier kënnen dat wiesselen innerhalb vun de besteeënde Klassen.

Dat heescht, mir sinn do schonn an enger gewëssener Seriositéit ënnerwee, soudass mer och der Gemeng kënnen déi néideg Chiffere liwweren, mir maachen dat zesummen, wéi eigentlech all déi Saachen, déi mer entaméieren. Vläicht als nächst den ONE Schouldéngscht (OSD), well ech do relativ no un der Originn dru war. Ech mengen, hei huet d'Politik op eppes reagéiert, wat mir skizzéiert hunn. Mir hu Leidensweeër vu Kanner opgezeechent, wou d'Aide an der Famill bis iwwer zwee Joer gedauert huet. An ech si ganz frou, dass eise Minister dorop reagéiert huet. An dat heiten ass einfach d'Resultat dovunner, wou mer schonn eis wënschen, dass, d'Madamm Kayser huet gesot, Rechnen- a Schreiweléieren ass eigentlech de Metier vun den Enseignanten, dee geet haut awer vill méi wäit. Mee et ass definitiv net hirem Metier Aarbecht an enger Famill ze maachen. An hei hu mer awer mam OSD, déi Undockstell, déi ganz no bei den Enseignante soll sinn, wou dann hannendrun d'Aide an der Famill ka vermëttelt ginn. Dofir, mir wäerten nach e bëssen Zäit brauchen, fir dat esou ze peaufinéieren, dass dat reiwungslos ofleeft. Ech mengen, et ass en neie Service. Ech kann awer och elo hei scho soen, dass ech schonn deen zweete rekrutéiert hunn, als Éischten och do am Land. Dat heescht, mir pausen do net. Mir sinn an der Weiderentwécklung ënnerwee.

Wann ech de Feedback awer, an dat mengen ech ass dat Essenziellt aus de Schoulen, kréie vun deene Fäll, déi schonn traitéiert gouf vum ONE-Schouldéngscht, ass dat ouni Zweifel eng Plus-value. Dat ass unisono de Feedback. An Detailfroen, wann d'Froe kommen, musse mer se traitéieren a mir wäerten Äntwerten drop fannen. Diagnostik, innerhalb vu véier Wochen? Jo, probéiere mer! Probéiere mer, ech wëll awer drop hiweisen, dass dat weeder den IEBS ass, nach d’Assistance en classe. Déi maache keen Diagnostik. Dat ass d’Psychologen, d'Pedagogen an der ESEP, gell. Natierlech ass eis Wonschvirstellung déi, dass mer den Apparatus esou entschlaakt kënnen halen, dass d'Hëllef esou séier wéi méiglech beim Kand ukënnt. Dat ass ganz evident. An och do mengen ech, dass den ONE-Schouldéngscht - et bréngt een et net direkt a Verbindung - awer eng ganz gutt Hëllef ka sinn, well et eng ganz cibléiert Problematik ass, déi awer ganz omnipresent ass. Och dat iwwregens sollt een an engem gréissere Kontext gesinn, well et ass just een Deel vun engem gréissere Mechanismus, Kriseninterventiounspläng, Classe de participation, ONE-Schouldéngscht, déi Inklusioun soll jo am Ganze geduecht ginn, net nëmmen an esou Puzzlestécker.

D'Zuele kann ech Iech, Madamm Kayser, elo net liwweren. Ech kennen déi elo selbstverständlech net auswenneg. Ech kann et awer bei enger nächster Tour an enger Schoulkommissioun natierlech maachen. C-1, do waren zwou Froen dran, déi nom obligatoresche Precoce kann ech am Moment keng Äntwert ginn, ech kann awer meng Wonschvirstellung hei matdeelen, dat ass déi an déi Richtung, wou mer amgaang sinn ze goen, dass mer et flächendeckend ubidden an dass mer ganz vill Inscriptiounen hunn, well och do de Retour aus den C-1 ganz evident ass, d'Sproochentwécklung ass einfach ganz kloer besser, wann se dann an der regulärer, an der obligatorescher Schoulperiod ukommen, also am obligatoreschen C-1. Dofir ass dat, mengen ech, déi richteg Richtung. Den zweeten Intervenant am C-1 ass per se nach net als Educateur definéiert.

An der Presserklärung vum Ministère gouf ugeduet et ab der nächster Rentrée, also net elo, mee déi dat Joer duerno, ënner Forme vu Projete pro Direktioun lafen ze loossen. Mir sinn do, ech soen dat elo hei, e bësse proaktiv hei zu Diddeleng ënnerwee, well ech dann ëmmer ganz ongedélleg sinn, an ech och fannen, dass mer leider, opgrond vu Contingent, ganz wéineg Appui an eisen C.1 hunn. Wou ech awer d'Presidenten ënnerstëtzt dran hunn, well wann ee verschidde Situatioune kennt, ass et einfach am Moment méi opportun, kleng Klasseneffektiver ze hunn, wat ech ganz oft net esou géing ënnersträichen, hei schonn. Mee mir wäerten iwwert eise Pôle de Remplaçants ëmmer een an all C.1 bäiginn, an all d'Schoul. Wann en net an den Ersatz geruff gëtt, wäerte mer dann do mat zousätzlechem Personal kënnen operéieren. Natierlech priméiert den Ersatz, dofir si se rekrutéiert ginn, dat ass ganz kloer. D'Presidente wësse Bescheed a mir sinn amgaang, eis do ze organiséieren.

Kann ech mer erlaben, eppes unzeschwätzen, wat net gefrot gouf? Dat ass nämlech déi ominéis éischt Lëscht. Et ass en techneschen Detail. Wann der d'éischt Lëscht duerno stëmmt, an ech si jo dann net dobäi, mir hunn e klengen Hick. Et gouf eng Reform bei der Fonction publique a mir

kënne just nach suffisant, insuffisant verginn. Dat bedeit net wéi fréier vun eent, zwee, dräi, véier entsprécht fënnef, zéng, fofzéng, zwanzeg. Dat heescht, mir hunn zwee verschidde Klassementer misste maachen. Dat resultéiert a verschidden Tabloen, déi an der Mëtt eng Kéier esou gedeelt sinn. Ech wollt dat just mat op de Wee ginn. Mir haten do aner Virstellunge, mee de Staatsrot huet eng OF drop leien, dat heescht, mir sinn do net weiderkomm, soudass mer déi zwee Tabloe mussen dresséieren. Just als Erklärung.

Dann d'Cohabitatioun. Ech si frou, dass d'Diddelenger Gemeng dat zënter ganz laangem ganz massiv ënnerstëtzt an och den Här Hoffmann dat ëmmer gemaach huet, an dass mer do, mir verléieren dat aus der Siicht. Ech si frou, dass du dat opgezielt hues virdrun. Well och ech vergiessen am Alldag heiansdo, wéi vill sech beweegt huet déi lescht Jore vun 2017 un, well ech ka mech nach ganz gutt un de Bréif erënneren, deen de Buergermeeschter an ech erausginn hunn, fir dat ze favoriséieren, wou et ëm d'Lenkeschléi gaang ass. Wann ech do awer zréck kucken, do hu mer awer op ville Plazen eppes, wat mer net haten. Voilà, Erni, du kanns vläicht zur Kohabitatioun dann eppes soen.

ERNI HOFFMANN (SERVICE ENSEIGNEMENT ET ACCUEIL): Jo, do huet ech just eng ganz kuerz Remark. Ech mengen, déi Gebaier goufen alleguerte vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries opgezielt. Et sinn zéng Gebaier opgezielt ginn. Mir hunn der nëmmen zwielef am SEA an déi zwee aner sinn d'Waldschoul an d'Schwämm. Also an all Gebai, wou mer ënner engem Daach sinn, hu mer eng Kohabitatioun. Ech mengen déi nächst méi pousséiert entstinn och elo. Mir hate vun deem Aarbechtsgrupp geschwat, Strutzbierg, do geet et ëm Ausstattung vu Raim. Jiddweree soll zu sengem kommen. Mee do ass nach eng Enigme, déi ech verstinn, dass en nach vläicht e bëssen do ass. Virun dräi Joer hate mer och déi Fro wat Strutzbierg betrëfft. Also, mir verléieren do keng Agrémentsplaz.

Éischtens, well de Ministère eng méi grouss Ouverture gemaach huet vun der non-formaler Säit. An zweetens, well mer awer an Dialoge kommen, wou dann d'formal Bildung soll kënne stattfannen an d'non-formal Bildung keng Handlungsfelder verléiert. Do huet de Ministère scho partiell en Effort gemaach. Awer da muss ee se nach um Terrain ëmsetzen. Et ass dat wat verzielt an dofir soen ech, an deenen zéng Gebaier sinn der iwwerall a Cohabitatiounen, déi scho vläicht méi al sinn oder méi nei sinn. An d'Diere si méi op. A mir hunn och gemierkt, wann d'Dieren nach méi op sinn, dann hunn d'Mënschen och méi mateneen ze dinn. An dat ass ëmmer nëmme bénéfique. Ech kann awer kuerz nach op déi, och déi Remark agoen aus der leschter Schoulkommissioun, jo, partiellement si mol vläicht Messagen, déi net ganz glécklech sinn, och vun eiser Säit, oder déi vläicht och aneschters opgeholl ginn, wéi se gemengt waren.
Den RGPD däerf natierlech net hierhale fir net ze kooperéieren, mee ass e Fakt an ass e Gesetz an do ginn et Renseignementer, déi een net kann echangéieren, ouni den Accord vun den Elteren. Also musse mer eis nach méi Méiglechkeete ginn, den Accord bei d'Eltere sichen ze goen, au prealabel, oder se direkt mat anzebezéien. Mee et muss een natierlech och kënne Reuniounen organiséieren a preparéieren, mat de Kanner, éier een d'Eltere selwer mat eranhëlt. An do muss een eebe wësse wat ee mécht. Do hu mer nach e bësse Wee ze goen. Mir sinn och mat der leschter Schoulkommissioun amgaangen, och op d'Initiativ vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries, elo ze kucken, dass mer do e bësse méi Kloerheet kréien. Mir musse e bësse méi an den Detail goe vun den Informatiounen.

Mir hunn awer och schonns e puer Indicatioune kritt gehat, wat ech d'lescht Joer gesot hat, wat d'gemeinsam Notzung vun administrative Beräicher betrëfft. Do hu mer och och scho e bëssen e Virdraft vun dem Commissariat du Gouvernement à la protection des données, wat eis bei aktuelle Konstellatiounen, wéi Butschebuerg, Lenkeschléi, wäert hëllefen awer och bei futuren Infrastrukturen, wéi Baltzeng an Neischmelz warscheinlech och, och wann dat eng ganz aner Ordre de grandeur gëtt. Ech mengen, dat war et emol zu de Kohabitatiounen. Soll ech nach weiderfueren?

JOËL MICHAUX (REGIONALE SCHULDIREKTOR): Bon, all Joers ginn ech ëmmer e bëssen op dee legale Kader an, fir eng PEP, do hu mer da scho vill Leit eis Ressortcheffen ofgeholl an och d'Madamm Loullingen, wou ganz gutt beschriwwen huet mat Schlagwierder ëm wat dass et am PEP geet. Also ginn ech do elo net nach eng Kéier drop an op ganz déi Diversitéit, dat Verbanne vun nonformaler a formaler Bildung an eeben eigentlech am Endeffekt nëmmen d'Entwécklung vum Kand ze färderen. An eeben an egal wéi engem Moment vum Dag.

Mir haten nach d'Fro zu den Transporter. Bon, d'Transporter sinn opgezielt am PEP eigentlech. An deen organisatoreschen Deel ass net chiffréiert, well mer, wat elo déi schoulflichteg Kanner bedeit, nach net duerch si mat der ganzer Analys.  Dat ass déi no Aufgab vun deenen nächsten zwou Wochen, well mer wéi mer all Joers d'Zilsetzung hunn, déi éischt Woch Juli, den Eltere kënne virum Congé de Bréif zoukommen ze loossen, wien da scho sécher eng Plaz huet a wien sech vläicht nach muss ee Moment gedëllegen. Deen Exercice si mer elo amgaange mat den Haiser ze maachen. Am Precoce si mer scho wéi gesot duerch, do si jo Zuelen do, dass mer do eng Rei Kanner méi hunn. Do drëpsen der nach vläicht e puer no, do hu mer jo dann, wéi Der gesitt hutt an den Zuelen, och nach e bësse Sputt.

Mee wann een awer elo d'Zuelen aktuell hëlt, bon, et sinn déi Transporter, déi e bësse verstoppt sinn, natierlech sinn do Brill-Waldschoul jo dee Faktor, den Transport, deen ni wäert ewechfalen, wa mer déi Struktur wëlle weider behalen an den Deich, et gouf erwäänt virdrun, esou laang mer do nach an der Situatioun si vun där Klengheet vun der Maison Relais, gi mer mam Cycle 3-4 an de Strutzbierg. Dat sinn och déi grouss Transporter, déi praktesch zwee Drëttel vun deenen 180 Kanner ausmaachen, déi bougéiere mussen. An dann hu mer nach, wéi gesot, Butschebuerg, och sou laang den neie Projet net do ass Richtung Ribeschpont, elo dréckt eis warscheinlech deen neie Precoce, nach e bësse méi Kanner do an deen Transport. Mir hoffen awer, déi éischt Zuelen hunn dat emol erginn, dass mer eventuell kënne wierklech d'Gaffelt an der Gaffelt loossen. Dat wär schonn eng gutt Informatioun, awer et muss nach elo finalement bestätegt ginn duerch d'Analys.

A mir haten dee Mini-Transport vun – Dir kënnt Iech drun erënneren - vun där hallwer Dose Kanner aus dem Wolkeschdahl, déi mer an deen neie Briller Container bruecht hunn, fir do kee virun der Dier ze loossen, dee wierklech do nécessiteux ass. Voilà, wéi gesot, beim PEP, och e grousse Punkt, an dat ass och déi Erfarung, déi mer elo fir d'zweet gemaach haten an elo erëm maachen, d'Semaine de transition, also mega wichteg fir d'Kanner. Mir kruten och ganz gutt Echoe vun den Enseignanten aus de Schoulen, dass se soen, jo, déi Kanner, fir dee war den éischten Dag net alles nei an dat ass wierklech eng Plus-value, dat muss weidergemaach ginn.

Mir haten e Référent à l'alimentation, dat ass dee ganze Projet Alimentation, dee mer ugekuerbelt hunn, do war jo deen Iessensdësch, Formatiounen, déi mer d'lescht Joer schonn ugekuerbelt haten, mir sinn elo nach e bësse méi an d'Déift gaangen, mir hunn nach Intervenanten aus dem Ausland, déi och d'Spezifizitéit vun dem Vermëttele vum Iessen hunn, dat war et jo, dass mer eis Leit och méi fit maachen, mam Prestataire ëmmer hannendru bleiwen, an dat si mer amgaang en place ze setzen, dat wäert och elo dësen Hierscht finalement kommen, an do maache mer awer och e bësse wéi beim PEP e Bilan vun deem Projet. Do si mer momentan och amgaang, e Film ze dréien, e bësse vun der Entsteeung vum Iessen, vum Fournisseur bis op den Teller. Dat gëtt och ganz flott, et mécht och ëmmer erëm méi Transparenz a weist e bësse méi.

Bon, zu de Critères de priorité par rapport zu den Inscriptiounen, do ass et richteg, do hu mer déi Ranguerdnung. Et ass awer elo net esou, dass mer elo deen, deen am Chômage grad ass oder vläicht iergendwou ee CDD huet an net grad deen huet bei der Inscriptioun, dat consideréiere mer schonn. Mir hunn eng ganz eng Zesummenaarbecht och mam Office Social, well déi och ëmmer Leit hunn, déi geschéckt ginn a Mesuren, do antizipéiere mer, wann déi soen, also am Hierscht kënnt eppes do, dann huele mer déi Dossieren och scho prioritär e bëssen op de Leescht. E Certificat vum Office Social ass net onbedéngt dat selwecht wéi e Certificat de travail vun enger bestoender Situatioun, mee dat sinn awer scho Saachen, déi mer elo net esou do vermierkt hunn, awer et ass vläicht an engem ROI ze iwwerschaffen, a sécherlech nach eng Kéier derwäert fir ze kucken. Da war dat mat deene Kanner iwwer zwielef Joer, jo, dat hu mer emol punktuell, déi kommen dann nach aus aneren Institutiounen a sinn iergendwéi nach net an der Scolarisatioun vum Secondaire ukomm. Dat ass ganz, ganz punktuell. Mir mussen och bei deene Kanner ëmmer oppassen, déi ginn dann ëmmer méi räif, well si kommen an d'Pubertéit, egal wéi eng aner Besoinen se hunn. Dat ass ganz, ganz punktuell. Déi kommen och zu ganz aneren Zäiten un a blockéieren eis och klassescherweis ni Mëttegstonneplazen. Dat ass och emol wichteg ze soen, well do jo dee gréissten Undrang ass an Demande a voilà. Wéi gesot, zu soss PEP-Aktivitéiten, dat hat ech scho gesot. Un deenen anere Saache schaffe mer, jo, toujours du chantier.

Ech soen awer och nach villmools Merci fir déi léif Wierder, déi ech haut konnt kréien hei. Also, mir kréien ëmmer ganz gutt Wierder, also wat mir elo an der Zesummenaarbecht mat dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv och mat de Memberen aus der Commission scolaire hunn. A wéi gesot, ech hunn Diddeleng erëm entdeckt viru fënnef an en halleft Joer, mäin aalt Diddeleng, well, dat wësse vläicht d'Leit net all, dass ech awer déi éischt Hallschent vu mengem Liewen eigentlech hei verbruecht hunn, als Klengkand, als Kand, als Jugendlechen, do hu mer eis schonn heiansdo begéint an de Playgrounds. A wéi gesot, ech hunn awer wierklech viru fënnef an en halleft Joer eppes erëmfonnt, dat ass dee Geescht vun der Solidaritéit, vum Upaken, vum Hëllefen, ech hunn dat och ganz staark bei de Servicer hei gespuert, do wou ech war, do war dat heiansdo net ëmmer esou flott an dat ass wierklech hei eppes, wat Diddeleng auszeechent an déi Mentalitéit, déi hunn ech hei erëm fonnt an och bei de Leit, an dat ass eeben an enger méi komplexer Welt, wou eis Kanner erakommen, déi si vläicht nëmmen esou kennen, mee mir haten se vun A bis Z kennegeléiert, dofir fannen ech et awer war fir mech eng super spannend léierräich an eng Zäit, déi ech net wëllt mëssen. Villmools Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):
Ech géif dann op déi verschidde Froen agoen. Fir d'éischt, d'Madamm Kayser huet gefrot, wou si mer am Timing drun? Baltzeng, do leeft alles am Timing. D'Gebai misste ofgerappt sinn. D'lescht Woch, mengen ech, ass et ofgerappt ginn. Et ass elo näischt méi do. Do si mer am Timing. A mir haten och viru 14 Deeg, dat ass awer scho ganz interessant, déi verschidde Mobilieren an de verschiddene Räim, wou mer wärend dräi Stonnen zesumme souzen, fir ze kucke fir alles anzeriichten. Also dat klappt. Dann huet den Här Steffen an och d'Madamm Kayser Froe gestallt zu Neischmelz. Wou si mer do drun? Majo, op Neischmelz, do hu mer e ganze Raumprogramm op d'Bee gestallt, fir emol ze kucken, wat brauche mer iwwerhaapt, wat passt op déi Plaz? Ech mengen, dat si mer alles amgaangen ze maachen.

Elo gëtt gesot, 2028 kommen déi éischt Kanner. Och do hu mer jo scho mol Ressortverännerunge gemaach, wou mer soen, mir schécken d'Kanner elo mol an d'Lenkeschléi, fir datt mer Strutzbierg an Deich am Ufank entlaaschten a vläicht nach Kanner dohinner ginn. An dann, wéi gesot, et wär elo e bëssen esou eng Navigation à vue, wann ech elo géif soen, mir maache genau dat mat deene Kanner, wann déi da kommen. Bon, wéi gesot, Plazen hu mer, Containere kann een och nach ëmmer setzen, dat ass och eppes, oder et kann een och do soen, voilà, mir huelen déi Kanner mat Transport, mat engem Bus eriwwer an en anert Gebai. Dat ass à voir.

Dann d'Schoulkommissioun, jo, dat ass ugeschwat ginn, deen Echange SEA-Schoul. Effektiv muss een nach kënne matenee schwätzen, dat si mer eis alleguerte bewosst. Mer hänken ëmmer erëm un deem Dateschutz do drun, wou mer eis dru stoussen. Mee ech mengen awer, datt hei einfach och e Mëssverständnis gewiescht ass vu Kommunikatioun. Also, ech selwer war och um Strutzbierg deen Dag duerno. Also, dofir suerge mer awer. Ech mengen, do gi mer d'Garantie, datt dat klappt. A wéi gesot, dat war eeben esou eng Bemierkung, déi eng Kéier komm ass. Mee ech verstinn awer, wann d'Leit sech onsécher fillen um Terrain, fir do Echangen ze maachen.

Dann, den zweeten Intervenant, den Här Michaux huet drop geäntwert. Ech hoffen, datt et keng Educateure wäerte sinn, déi do intervenéieren, well mir hunn der schonn net vill. Wéi gesot, esou wäit si mer jo nach net. Da kënnt d'Spillplazereglement, wou mer jo eis gesinn haten. Ech muss soen, ech sollt eigentlech muer de Moien eng Reunioun hunn, fir eng Kéier mat engem wierkleche Profi vum Terrain dat duerchzekucken. Ech hunn awer missen d'Reunioun annuléieren, well ech dës Woch awer e bësse vill beieneen hunn, mee d'nächst Woch wäert ech dat maachen an da gesi mer eis nach eng Kéier erëm fir ze kucken, wou mer do dru sinn.

Séchere Schoulwee, dat ass esou dat, wat ëmmer erëmkënnt, wou gesot gëtt, mir missten hei a mir missten do. Also, mir haten eng Aktioun, et wärend zéng Deeg, wärend zéng Deeg, bei all Schoul, all Moie stoung ech ëm aacht Auer oder hallwer aacht bei iergendenger Schoul. Dat ka kee Mënsch sech virstellen, dat do geschitt. Also, am schlëmmsten ass wierklech de Brill, dat muss ech ganz éierlech soen. Do parken se och matzen an deem klenge Rond-point. Also, et ass wierklech schrecklech a si loossen sech och net stéiere vu Police a Pecherten. Also, mir wäerten dat widderhuelen. Ech ginn do d'Hoffnung net op. Effektiv, um Deich hu mer elo e Poller, dee geet an d'Lucht. Déi Strooss, dat ass fantastesch. Do ass kee Kand a Gefor, wann se do eropginn. Mee Dir kënnt Iech awer net virstellen, wat se an där anerer Strooss maachen. Also, do ass en Auto komm, deen hat fënnef Kanner dran am Auto an déi waren alleguer net ugestréckt, déi houngen do erëm. Duerfir, wéi gesot, d'Leit, et ass wierklech bei den Elteren, wou mer mussen usetzen, fir déi ze sensibiliséieren, wat awer eng schwiereg Aufgab ass, mee ech ginn och do d'Hoffnung net op.

Da war nach de Projet Alpha, dat ass ëmmer erëm d'Diskussioun. Do hat den Här Meyer, awer och den Här Steffen gefrot, wat feelt? Jo, also eng Glaskugel hunn ech net, well ech kann net soen, d'nächst Joer ginn esou vill Kanner op Däitsch alphabetiséiert an esou vill Kanner ginn op Franséisch alphabetiséiert. Dat ass pro Schoul, dat musse mer da kucken, wat feelt. Dir wësst- Dir stëmmt dat jo ëmmer mat- datt mer ganz vill Säll nach amenagéieren, sief dat elo am Brill eng Bibliothéik, zwee Appuissäll. An et ass och net an deene Schoulen, wou de Problem ass, well do gëtt en Echange jo tëschent de Klasse gemaach. Et ass an deene Schoulen, wou nëmmen eemol de Cycle ass. Do wëll ech awer soen, datt mer net méi spéit wéi beim leschte Budget an der Lenkeschléi gekuckt hunn, do kréie mer elo dräi Säll bäi, do entsteet am Fong kee Problem. Mir kucken dat wierklech pro Gebai, mir waren elo um Deich, och do ginn elo zwee kleng Säll amenagéiert, fir och kënne kleng Gruppen ëmmer erëm eranzehuelen. Also, wéi gesot, genau wat feelt, ech mengen, den Här Michaux an ech selwer, mir haten nach eng Kéier déi ganz Gebaier duerchgeholl. Mir kommen do eraus an, wéi gesot, ech weess just net, wat kënnt. Et ka sinn, datt nëmmen een op Däitsch ass oder een op Franséisch an enger Schoul, mee da musse mer dann no Léisunge kucken, wann et esou wäit ass. Mir hate mam Här Michaux virdrun nach doriwwer rieds.

Dann, jo, d'Kohabitatiounen, och dat ass ëmmer erëm en Theema, mee ech wëll do vläicht der Madamm Thoma soen, also d'Cohabitatioun ass flott, wann d'Gebai nei entsteet. Dat heescht, och Baltzeng, do gëtt et en Aarbechtsgrupp, deen trëfft sech scho relativ oft, déi sëtzen zesummen, do ass et vill méi einfach. Wann awer a bestoende Gebaier Kohabitatioune gemaach ginn, da fillt ëmmer een sech e bëssen esou, ah, elo kréien ech eppes wechgeholl, wat ech eigentlech elo jorelaang eleng hat. Ech muss awer soen, datt mer do relativ gutt ënnerwee sinn an ech hu mer och do weider keng Gedanke maachen.

D'Blockhütt, wou si mer do drun? Déi ass jo amgaang gebaut ze ginn. Si waren ze kucken op den Terrain bei eise Fierschter. An si wäert awer elo, et muss drop an dru sinn, fir datt se eriwwer kënnt. An da muss se nach ugeschloss ginn. Do kommen dann nach Aarbechten, mee dat ass och drop an drun. Da waren nach just Sportshalen. Bon, ech mengen, do klappt eigentlech awer alles. Hu mer genuch Sportshale fir alles? Jo, dat ass alles an der Rei. Et ware Brill a Gaffelt, déi e bësse méi enk waren, mee ech mengen, soss war awer néierens e Problem. Gutt, ech mengen, ech hätt alles beäntwert, ausser Dir sot mer elo Neen, dat hues Du vergiess.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci och fir d'Erklärungen. Ech wollt nach zwou Saache bäifügen. Éischtens par rapport zu Neischmelz. Also, mir brauchen eis net ze erwaarden, dass déi éischt Leit 2028 kommen. De Fonds du logement huet ganz kloer deklaréiert, dass déi éischt Wunnengen 2029 am Laf vum Joer wäerte geliwwert ginn. Dat ass emol déi éischt Saach. An dat wäert sécherlech net duergoe mat deenen Awunner, déi dohinner kommen, fir eng ganz komplett nei Schoul ze fëllen. An dofir effektiv, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet et jo ganz kloer gesot, wäerte mer kucken a Funktioun vun de Ressorten, wou mer kënnen natierlech opdeelen, verdeelen, fir effektiv am Bestand, dee mer hunn, dat kënnen opzefänken, en attendant, dass eeben - d'Prozeduren, déi lafe jo elo fir den Neibau vun ???, bis mer déi dann och nom deem Planning, dee mer eis ginn hunn, fäerdeg hunn.

Dat anert ass jo e bëssen déi Strategie 2035-2036, déi mer eis ginn hunn, fir eng Bestandsopnam ze maachen, Schoulinfrastrukturen, Sportsinfrastrukturen, Schoulsport kombinéiert, natierlech och Crèche, Maison Relais. Ech mengen, do sinn eng Rei Consultatiounen, déi am Moment amgaange sinn, wou mer eis och begleede loossen, wou mer eng Bestandsopnam maachen, wou mer och eis no vir projezéieren, wou sinn och nach Terrainen, Reservterrainen, déi mer hunn, Terrainen, déi mer eventuell bräichten, wat ass awer och an der Diskussioun, well dat Wuert ass hei bis elo nach net gefall, wann iwwer Infrastrukture geschwat gëtt, wéi et mat de Sportsinfrastrukture geet, wat am Fong den Apport vum Staat misst sinn, fir Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, statt ëmmer vun de Gemengen ze verlaangen, dass se Infrastrukture bereetstellen.

Ech mengen, den Här Steffen ass drop agaangen. Ech mengen, dass och de Staat mol eng Kéier misst Infrastrukturen och liwweren an zur Verfügung stellen. De Moment

ass et zu Diddeleng just eng, déi op der Alliance, wou en et mécht, mee e kéint dat och sécherlech mat anere maachen, déi een hei zu Diddeleng plangt oder plange wëll.
Bon, en attendant ass dann ëmmer effektiv d'Gemeng an der Bréngschold fir déi Strukturen dann ze bréngen, respektiv ze finanzéieren an dann d'Subside vum Staat ze kréien. Wou mer dann och d'Realitéit hunn, dass mer net de maximale Subsid kréien.

Voilà, domat hu mer, mengen ech, den Tour geschloss. Mee op alle Fall dat si mer amgaangen ze kucken. An do wäerte mer net virun Hierscht, mengen ech, hei an de Gemengerot kommen, da maache mer en informelle Gemengerot, wou mer Iech dat dote kënne presentéieren. Mir hunn och eng Rei Workshoppen och mat eise Servicer, wou mer déi Bestandsopname maachen. A wann dat Dokument bis prett ass, dat hat ech och schonn déi leschte Kéier gesot, ech mengen, mir hunn dëst Joer domadder ugefaangen, well mer et dëst Joer och budgetiséiert jo hunn, da wäerte mer dann am Hierscht an de Gemengerot kommen an dat dann och virstellen. Ech mengen, dat Wuert hutt Dir.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mat der provisorescher Schoulorganisatioun averstanen? Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an och eise Gäscht Merci fir hir Presenz. An da si mer um Enn vum ëffentlechen Deel vun eiser Sëtzung ukomm a ginn an de Huis clos iwwer. •

# Covoiturage op der Trottinett?




# Natierlech net!

POLICE
LËTZEBUERG

All d'Reegele ronderëm
d'E-Trottinett fënns du hei